Gemengebuet



N°4 | 2026

OKTOBER

Schëtter

Gemengebuet

N°4 | 2026

IMPRESSUM

EDITEUR: Gemeng Schëtter

LAYOUT AN DESIGN: maru.

FOTOEN: Gemeng Schëtter, Fotoclub Schëtter, Steve Troes

DROCK: Imprimerie OSSA

DROCK-QUANTITÉIT: 500 ex.

INHALTSVERZEECHNES

04 Virwuert

05 Neies aus der Gemeng

05 Archeologesch Ausgruewungen um Site vum PAP „Um Kallek"

09 Weekräiz zu Iwwersiren: E Stéck lokale Patrimoine

12 Digitale Reider: Offiziell Publikatioune komplett an iwwersiichtlech

13 Infrastrukturprojeten

13 Extensioun vum Cycle 1 an der Maison Relais

16 Gréngen Eck

16 D'Gemeng Schëtter mécht mat beim Projet Echosoil

18 En neien Elektroauto fir d'Gemeng Schëtter

19 Bal 700.000 Euro Subsidë fir nohalteg Investissementer ausbezuelt

20 Mënsche mat Geschichten

20 Alpaka als Schëtter WM-Orakel

25 D'Roseraie zu Minsbech: e liewegt Stéck Lëtzebuerger Kulturierwen

31 Réckbléck op eis Evenementer

60 Veräinsliewen

70 Manifestatiounskalenner

74 Gemengerotssëtzungen

93 Verschiddenes

LÉIF BIERGERINNEN A BIERGER,

Hannert eis leien e puer aussergewéinlech waarm Méint. Wochelaang ass zu Lëtzebuerg bal kee Ree gefall. Net nëmmen eis Natur huet ënnert dëser Dréchent gelidden, och fir eis Mënschen huet d'Hëtzt eng grouss Erausfuerderung duergestallt. Besonnesch eeler a vulnerabel Persoune waren dovu betraff. Iwwer eis Online-Kanäl hu mir reegelméisseg Tipps ginn, wéi Dir lech virun der Hëtzt schützen a spuersam mam Waasser ëmgoe kënnt. Déi lescht Méint hunn eis nach eemol gewisen, wéi wäertvoll d'Waasser als Ressource ass, an datt mir se net als Selbstverständlechkeet dierfen ugesinn.

Gläichzäiteg sinn eng Rei wichteg Projeten e gutt Stéck virukomm. Wann een aktuell iwwer de Campus „an der Dällt" trëppelt, gesäit een, datt sech sou munches gedoen huet. Virun der Maison Relais steet eng provisoresch Kantin, déi de Schüler och wärend den Aarbechten um Campus e flotte Kader fir hir Mëttespaus bitt. Dat fréiert Gebai, en Holzmodul-Bau, krut iwwerdeems en neie Standuert zu Schëtter a wäert an Zukunft de Veräiner an dem Schëtter Treff zur Verfügung stoen. E flott Beispill, wéi bestoend Infrastrukture weiderhi sënnvoll genotzt kënne ginn. Eng positiv Konsequenz vun nohaltegem a verantwortungsbewosstem Bauen, amplaz ze bauen an nees ofzerappen, soubal d'Besoine sech änneren.

Nieft den Infrastrukturprojeten, déi aktuell ëmgesat ginn, huet och de Sport an de leschte Méint



©Alain Bianco

eng wichteg Roll gespillt. Verschidde Manifestatioune vun de Kommissiounen a Veräiner hu gewisen, wéi vill Freed Beweegung a sportlech Aktivitéite kënne maachen. Als Gemeng ass et eis e wichtegt Uleies, esou Initiativen z'ënnerstëtzen an de Spaass um Sport schonn am jonken Alter ze förderen. Fir déi, déi gären a Beweegung bleiwen oder eppes Neies ausprobéiere wëllen, sinn d'Aschreiwunge fir d'Sportscoursen den 1. September nees opgaangen. Eis villfälteg Offer riicht sech u Grouss a Kleng. Mat der Aweiung vum neie Sportkomplex „Op der Bissemt" hu mir gläichzäiteg e weidere wichtege Schrëtt erreecht, fir eise Veräiner, Sportlerinnen a Sportler modern a qualitativ héichwäerteg Infrastrukturen zur Verfügung ze stellen.

Als Gemeng wëlle mir net nëmme Raim schafen, mee och Perspektiven. Dofir hu mir eis am Juni besonnesch gefreet, dräi Astronauten zu Schëtter begréissen ze kënnen. Si hunn de Participanten e faszinéierenden Abléck an d'Raumfaart an an déi technologesch Innovatioune vun eiser Zäit ginn. Besonnesch fir déi Jonk war dësen Nomëtteg eng wäertvoll Erfarung, déi si encouragéiert huet, hir Dreem ze verfollegen an u sech selwer ze gleewen.

Mir wënschen Iech vill Freed beim Liese vun dësem Gemengebuet.

Äre Schäfferot

GEMENG FUN FACTS



Wousst Dir, datt d'Gemeng Schëtter e WM-Orakel huet?

De Romeo, ee vun den Alpakaen um Campus „an der Dällt", huet bei der Futtball-Weltmeeschterschaft 2026 méi wéi eng Kéier déi richteg Ekipp virausgesot. Ob et um Zoufall oder u sengem Talent als Orakel louch, bleift awer säi Geheimnis.

ARCHEOLOGESCH AUSGRUEWUNGEN UM SITE VUM PAP „UM KALLEK”

Am Kader vum zukünftege Lotissementsprojet PAP „Um Kallek” zu Aal-Schëtter ginn zanter Enn 2025 archeologesch Ausgruewunge vum Institut national de recherches archéologiques (INRA) duerchgefouert. Dës Fuerschunge bidden eng eenzegaarteg Geleeënheet, d'Geschicht vun eiser Gemeng besser kennenzeléieren an nei Erkenntnisser iwwer déi fréier Besidlung vum Gebitt ze gewannen.

Firwat archeologesch Ausgruewungen?

Ier e grousse Bauprojet ëmgesat gëtt, ass et wichteg ze kontrolléieren, ob sech am Buedem nach historesch Iwwerreschter verstoppen. All Bauterrain kann aus archeologescher Siicht wäertvoll Informatiounen enthalen, déi soss fir ëmmer verluer wieren.

Zu Lëtzebuerg gëllt dofir de Prinzip vun der „archéologie préventive”. Dat bedeit, datt potenziell archeologesch Vestige virum Ufank vun de Bauaarbechten dokumentéiert an ënnersicht ginn. Sou kënnen d'Wëssenschaftler d'Geschicht vun engem Site festhalen, och wann dësen duerno duerch e Bauprojet verännert gëtt.

Archeologesch Ënnersichunge ginn net systematesch bei all Bauprojet gemaach, erkläert d'Cynthia Colling, Responsabel vum Service d'Archéologie Alto-Médiévale. All Dossier gëtt vum INRA evaluéiert, mee nëmmen op deene Plazen, déi archeologesch interessant kéinte sinn, ginn am Virfeld Sondagen duerchgefouert. Bei méi klenge Projeten, wéi Eefamilljenhaiser, gëtt den Terrain dacks direkt fräiginn. Sollten awer wärend de Bauaarbechten archeo-





logesch Entdeckunge gemaach ginn, sinn d'Bierger gesetzlech verflicht, dës ze mellen. D'Zil vun de präventive Sondagen ass et, wichteg Erkenntnisser ze sécheren a gläichzäiteg Baustoppen am Laf vum Projet ze vermeiden.

Fir all Déifbauaarbechten an enger am PAG als Zone mat archeologeschem Potential ausgewisenem Beräich muss den zoustännegen Architekt oder de Bureau d'études eng Demande beim INRA areechen.

Eng intensiv besidelt Plaz

Déi archeologesch Ausgruewungen, déi am November 2025 an der Rue du Village ugefaangen hunn, hunn eng Rei bedeitend Vestige vu fréiere Besiedlungsphasen opgedeckt. Op enger Fläch vu ronn 2.200 Quadratmeter konnten iwwer 200 archeologesch Befonner dokumentéiert ginn. Dës Entdeckungen deiten drop hin, datt de Site iwwer eng laang Zäit intensiv genotzt gouf.

Bis elo konnten op d'mannst dräi verschidde Besidlungsphasen nogewise ginn, déi vun der Antiquitéit bis an d'modern Zäit reechen. Well verschidden Elementer nach analyséiert an a Laboratoiren datéiert musse ginn, sinn nach net all Detailer bekannt.

Um Site vum PAP „Um Kallek" sinn ënner anerem Gebaier mat Holzposten, dräi gemauert Drainagen, een oder zwee massiv Gebaier an e moderne Wee fonnt ginn. Doriwwer eraus ginn et Hiweiser op Späichergebaier a Palissaden. Besonnesch interessant sinn déi verschidde Silogrief, déi vill archeologescht Material enthale wéi Keramik, Déierenschanken, Metall, Glas a biologesch Reschter.

„Schëtter läit an engem Gebitt, dat fir de Mënsch topografesch ëmmer interessant war."

Et ass net déi éischte Kéier, dass archeologesch Decouverten an eiser Gemeng gemaach goufen. Am leschte Joerhonnert goufen et der eng Jett, an dat vu bal all Epoch: vun de Réimer

iwwer d'Merowinger a Karolinger bis wäit zeréck an d'Zäit vun de Kelten. Schëtter war fir de Mënsch schonn ëmmer eng interessant Géigend, mat sengen Hiwwelen, den Däller an de ville Panoramablécker am Syrdall.



Wat geschitt no den Ausgruewungen?

No der Ausgruewung fänkt déi eigentlech wëssenschaftlech Aarbecht eréischt un. All Objet gëtt als éischt gewäsch, sortéiert an dokumentéiert. Duerno gëtt eng Selektioun fir weider Analysen an Datéierunge gemaach. Dobäi geet et virun allem ëm Holzkuel a Schanken.

Mat dësen Datéierungen, awer och unhand vun der Keramik, déi duerch hir Form, hire Stil an hir Hierstellungstechnik eng zäitlech Anuerdnung erlaabt, kënnen déi verschidden Occupatiounsphase vum Site ermëttelt ginn. D'Resultater fléissen an en detailléierten „Rapport de fouilles" an, deen net nëmmen all Decouverte dokumentéiert, mee och eng historesch Interpretatioun vum Site liwwert.

Nom Ofschloss vun der wëssenschaftlecher Aarbecht kënnen d'Objeten entweder beim INRA konservéiert ginn oder – wann de Proprietaire dat wënscht – fir lokal Ausstellungskonzepter zur Verfügung gestallt ginn. Besonnesch aussergewéinlech Stécker kënnen an Zukunft och hire Wee an ee Musée fannen.





Eng eemoleg Geleeënheet fir d'Awunner

Fir en Abléck an dës spannend Fuerschungsaarbecht ze ginn, huet de Schäfferot zesumme mam INRA den 10. Juni 2026 eng guidéiert Visitt vum Site organiséiert. Schonn de 15. Abrëll 2026 hat eng éischt Visitt um Site stattfonnt, un där nieft dem Schäfferot och Conseilleren aus dem Gemengerot, d'Proprietären, de Service Urbanisme vun der Gemeng Schëtter an den INRA deelgeholl haten. Op béiden Deeg war d'Resonanz grouss, wat gewisen huet, datt d'Lokalgeschicht an den archeologesche Patrimoine vun eiser Gemeng vill interesséiert.

Dës Ausgruewunge maachen däitlech, wéi vill Geschicht nach ënner eise Féiss verstoppt läit. All nei Entdeckung dréit dozou bäi, d'Vergaangenheet vun eiser Gemeng besser ze verstoen an e wäertvollen Deel vun eisem gemeinsame Patrimoine fir déi nächst Generatiounen ze erhalen.



WEEKRÄIZ ZU IWWERSIREN:
E STÉCK LOKALE PATRIMOINE

Op der Kräizung vun der Rue de Beyren an der Rue de Mensdorf zu Iwwersiren stoung iwwer vill Joren en historescht Weekräiz op enger privater Parzell. Wéi 2021 op dësem Terrain e Bauprojet mat dräi Eefamilljenhaiser geplangt gouf, huet d'Gemeng Schëtter decidéiert, dëst Kräiz ofbauen a restauréieren ze loossen. Parallel dozou gouf eng historesch Etüd an d'Weeër geleet, fir méi iwwer den Ursprong an d'Geschicht vum Kräiz gewuer ze ginn.

D'Recherchen hunn e puer interessant Erkenntnisser erginn. Op der Säit vum Kräiz ass den Numm Nicolas Hilger agemeesselt.





Dobäi handelt et sech héchstwahrscheinlech ëm de Bildhauer, deen d'Kräiz geschaf huet. De Familljennumm Hilger ass aus historeschen Dokumenter virun allem a Verbindung mat der Uertschaft Schraasseg bekannt. An Online-Portaler fir Ahnefuerschung souwéi an der Familljechronik vun der Gemeng Schëtter gëtt en Nicolas Hilger (1767–1831) aus Schraasseg ernimmt. Obwuel keng konkret Hiweiser op e Bildhaueratelier Hilger fonnt goufen, ass et warscheinlech, datt dësen Nicolas Hilger mam Schafe vun dësem Kräiz a Verbindung steet. D'Kräiz, dat aus Sandstee besteet, kéint aus der éischter Hallschent vum 19. Joerhonnert stamen, sou d'Vermutung vum Restaurateur Thomas Lutgen.

Bei de Restauratiouns-aarbechten ass een op Reschter vun enger Inscriptioun gestouss. Leider ass dës am Laf vun der Zäit esou staark beschiedegt ginn, datt haut net méi ka fest-gestallt ginn, wien d'Kräiz opriichte gelooss huet oder u wien et erënnere sollt.



Nom Ofschloss vun de Restauratiouns-aarbechte gouf d'Wee-kräiz 2025 op seng urspréngleche Plaz ze-réckgesat, elo awer am Domaine public. Sou







konnt dëst wäertvollt Stéck lokale Patrimoine erhale bleiwen.

Obwuel net all d'Geheimnisser ronderëm d'Geschicht vum Weekräiz zu lwwersiren konnte geléist ginn, bleift et eng wäertvoll Erënnerung un eis Vergaangenheet. Als Bestanddeel vum lokale Patrimoine dréit et dozou bäi, d'Geschicht vun eiser Gemeng lieweg ze halen an d'Identitéit vun eisen Dierfer ze stäerken.





DIGITALE REIDER: OFFIZIELL PUBLIKATIOUNE KOMPLETT AN IWWERSIICHTLECH



Heimat wëlle mir lech drop opmierksam maachen, dass zanter Juli de physesche Reider op der Kiercheplaz net méi benotzt gëtt. Publikatioune wéi Avisen oder temporär Modifikatioune gi just nach digital an eisen zwee E-Reideren op der Kiercheplaz zu Schëtter an um Campus „an der Dällt" zu Minsbech veröffentlecht.

Déi modern an notzerfrëndlech Apparater sinn Deel vun der Digitaliséierung vun eise Gemengeservicer a maachen et méiglech, wichteg Informatioune séier an zu all Ament zougänglech ze maachen.



EXTENSIOUN VUM CYCLE 1 AN DER MAISON RELAIS

Um Campus „an der Dällt" stinn an de nächste Jore gréisser Aarbechten un. Geplangt ass en ëmfaassenden Ausbau vum Schoulcampus, fir den zukünftege Besoine vun de Schüler gerecht ze ginn, déi am Masterplang festgehale sinn. An enger éischter Phas gëtt en neit Gebai fir de Cycle 1 gebaut, dat de Precoce an d'Klasse vun de Cyclen 1.1 an 1.2 regroupéiert. Zousätzlech entsteet eng nei Kantin, an och d'Maison Relais gëtt vergréissert.

Planning vun den Aarbechten

Kuerz virun der Schoulrentrée hunn d'Preparatiounsaarbechten an d'Installatioun vum Chantier um Campus ugefaangen. Vu September bis November ginn d'Terrassements- a Reseausaarbechten ausgefouert, de Fousssgängerwee ugeluecht an d'Stützmauere gebaut. An de Méint Dezember bis Februar sinn d'Geothermie-Buerunge virgesinn. Enn Wanter respektiv Ufank Fréijoer starten d'Réibauaarbechten an de Grondstee fir den





neie Cycle 1 gëtt geluecht. Et ass geplangt, datt déi nei Raimlechkeete fir de Cycle 1 an d'Maison Relais pénktlech fir d'Schoulrentrée 2029/2030 fäerdeggestallt ginn.

Provisoresch Kantin als Iwwergangsléisung

Fir de Schüler och wärend de Bauaarbechten eng passend Léisung unzebidden, ass am Fréijoer eng provisoresch Kantin um Parking vis-à-vis vun der Maison Relais entstanen. Hei kënnen d'Kanner an de kommende Joer hir Mëttespaus verbréngen. De Montage vun de Moduller gouf am Abrëll 2026 ofgeschloss, d'Bannena Baussenaarbechte konnten am Mee finaliséiert ginn.

Am Virfeld dovun hu mer de 16. Juni 2026 de Modulbau geplënnert. Mat fënnef Transporter, déi vun der Police escortéiert goufen, sinn d'Moduller vu Minsbech op Schëtter bruecht ginn. An der Strooss Hannert Thommes wäert de Modulbau de Veräiner an dem Schëtter Treff zur Verfügung stoen.

E modernt an nohaltegt



Gebai

Mat der Extensioun entsteet fir de Cycle 1 e modernt an frëndlecht Gebai, wou d'Kanner sech wuel fille sollen. Am Ganze sinn 13 nei Klassesäll geplangt, ergänzt duerch ee Sall fir Psychomotricitéit an ee fir Rhythmik. Eng gemittlech Lies- a Reposzon souwéi Räim fir d'Léierpersonal, Educateuren an den Appui scolaire ronnen d'Offer of.

Parallel dozou gëtt och d'Maison Relais ëmgebaut a vergréissert. Dobäi entstinn zousätzlech Funktiounsraim, ënner anerem fir Kreativitéit, Sciences, Constructioun a Jeux de rôle, souwéi weider Raim fir d'Restauratioun.

Beim Bau gëtt grousse Wäert op eng nohalteg an ëmweltfrëndlech Approche geluecht. D'Gebaier ginn an enger moderner Holzbauweis realiséiert a mat Lehmverkleedunge kombinéiert. Gläichzäiteg spillt d'Kreeslafwirtschaft eng wichteg Roll: D'Bauelementer sinn esou konzipéiert, datt se spéider kënnen ofgebaut a fir aner Projeten nees agesat ginn.







D'GEMENG SCHËTTER MÉCHT MAT BEIM PROJET ECHOSOIL

Den europäesche Projet Echosoil (www.echosoil.eu) wëll souwuel eng Kartographéierung vun der Buedemqualitéit queesch duerch Europa, grad ewéi och d'Wëssen an den Interessi dorunner bei de Biergerinnen a Bierger ënnerstëtzen. Dofir goufen an enger ganzer Rei vun europäesche Länner sougenannten „Buedemprouf-Kits"u Privatleit, awer och u Gemengenservicer oder Gemeinschaftsgäert verdeelt. Mat deene Kits kënnen eng ganz Rei vu Parameteren am Buedem gepréift ginn, wéi z. B.

- Presenz vu Verschmotzungen;
- Iwwerschoss oder Manktem un Närstoffer a Salzer;
- Organesch Kuelestoffer;
- Biodiversitéit am Buedem;
- pH-Wäert;
- Vegetatiounsbedeckung;
- Struktur an Textur;
- asw.

Egal ob an engem Gaart, engem Bongert, op engem Feld oder am Bësch – mat dëse Kits kënnen innerhalb vu ronn 20 Minutten eng Rei Tester gemaach ginn. D'Resultater heivunner ginn da via eng App agedroen an ofgespäichert.





Zousätzlech ginn och nach Prouwen an engem Labo op z. B. d'Belaaschtung mat Schwéiermetaller getest.

Well d'Organisateure vum Projet Echosoil Probleemer haten, fir zu Lëtzebuerg genuch Buedemprouwen zesummen ze kréien, hu si sech un d'Klima-Bündnis Lëtzebuerg gericht. An d'Klima-Bündnis-Gemenge ware séier bereet, do matzemaachen, well et jo och an hirem Interessi ass, méi iwwert d'Buedemqualitéit op hirem Terrain ze wëssen. Eng Buedemqualitéit, déi och vill zum Klimaschutz ka bäidroen, wa se gutt ass, well gesonde Buedem vill CO_2 ka späicheren. Sou goufe vun der Schëtter Gemeng hire Servicer eng 5 esou Tester gemaach an ageschéckt.

Déi gesammelt Donnéeë ginn iwwer ECHOREPO (https://echorepo.quanta-labs.com/explore), en Archiv fir Buedemdaten, disponibel gemaach.

Auteur vum Artikel:

KLIMA BÜNDNIS LËTZEBUERG

EN NEIEN ELEKTROAUTO FIR D'GEMENG SCHËTTER

Am Summer gouf de Fuerpark vun der Gemeng Schëtter ëm en neien Elektroauto erweidert. De 16. Juli 2026 krut de Service Technique offiziell de Schlëssel vu sengem neie Gefier iwwerreecht.

Dës Acquisitioun ass e weidere Schrëtt a Richtung méi nohalteg Mobilitéit a steet am Aklang mat den Ziler vum Schëtter Leitbild 2030. Bis 2030 ass virgesinn, de Verbrauch vu Gemengegefierer, déi mat fossiller Energie bedriwwe ginn, ëm 50% ze reduzéieren. Gläichzäiteg soll den Undeel un Elektroautoen an elektresche Maschinnen am Atelier an de kommende Joren ëm 50% an d'Luucht goen.

D'Gemeng setzt och an anere Beräicher op nohalteg Mobilitéit: De Ruffbus Syrdall fiert schonn haut zu 100% elektresch, an de Schoultransport soll ab Februar 2027 komplett elektresch bedriwwe ginn. Ausserdeem gëtt d'Netz vun Opluetstatiounen no an no ausgebaut. Aktuell verfüügt d'Gemeng Schëtter iwwer véier Opluetstatiounen, zéng Elektrogefierer, déi zu 100% elektresch ugedriwwe ginn, an zwee E-Biken. Den éischten Elektroauto gouf 2016 a Betrib geholl.

Mir wënschen de Mataarbechter vum Service Technique vill Freed a bonne Route mat hirem neien Elektroauto.





BAL 700.000 EURO SUBSIDË FIR NOHALTEG INVESTISSEMENTER AUSBEZUELT

D'Gemeng Schëtter ënnerstëtzt zënter Joren hir Bierger bei hirem Engagement fir de Klima- an Ëmweltschutz. Dass dës Hëllefen op groussen Interessi stoussen, weisen déi aktuell Zuelen: Bis Enn Juni 2026 huet d'Gemeng bal 700.000 Euro u Subsidë fir nohalteg Investissementer ausbezuelt (Photovoltaik, Vëlo, Haushaltsapparater etc.). Am Verglach zum viregte Joer ass d'Nofro däitlech geklommen. Schonn am Juni war de Montant vum selwechten Zäitpunkt am Virjoer bal duebel sou héich. Dës Entwécklung ënnersträicht de groussen Interessi vun den Awunner un nohaltegen Energieléisungen.

Déi kommunal Subsiden ergänzen déi staatlech Ënnerstëtzung a maachen Investissementer a Beräicher wéi Photovoltaik an aner klimafrëndlech Technologien nach méi attraktiv.

Esou droen d'Awunner net nëmmen aktiv zum Klimaschutz bäi, mee investéieren och an de Wunnkomfort, d'Energieeffizienz an d'Zukunft vun hirem Doheem.







ALPAKA ALS SCHËTTER WM-ORAKEL

Romeo • Futtballexpert an TikTok-Star

An der Rubrik „Mënsche mat Geschichten" stelle mir normalerweis Persounen aus eiser Gemeng vir, déi eppes Besonnesches erlieft, geleescht oder ze erzielen hunn. Dës Kéier maache mir awer eng kleng Ausnam. Eisen Interviewpartner huet véier Been, eng flauscheg Frisur an eng erstaunlech Erfollegsquot, wann et ëm Futtballresultater geet. De Romeo, ee vun den Alpakaen, déi um Campus „an der Dällt" doheem sinn, war nämlech als Schëtter WM-Orakel täteg. Scho fir déi lescht Futtball-Europameeschterschaft hat hie mat senge Prognose geglänzt an och dëst Joer fir d'Weltmeeschterschafft louch de fënnef Joer alen Alpaka oft richteg.

De perfekte Kandidat

Ugefaangen huet déi ganz Geschicht am Joer 2024, wéi d'Emeline vun der Maison Relais op d'Iddi komm ass, dass et un der Zäit wier och zu Schëtter e Futtball-Orakel anzeféieren. Schliisslech hate schonn am Virfeld eng Jett Déiere weltwäit mat hirer erstaunlecher

Trefferquot fir Schlagzeile gesuergt. A wat den Oktopus Paul kann, dat missten d'Schëtter Alpakaen och hikréien, sou d'Iwwerzeegung vum Emeline. Op d'Fro, wéi ee vun den Alpakae sech fir dës verantwortungsvoll Missioun eegene géif, war ee sech an der Maison Relais séier eens: De Romeo ass net nëmmen dee verfroossensten, mee och deen, deen am mannsten Angscht virun de Kameraen huet. Kuerz gesot: de perfekte Kandidat fir eng Karriär als Futtballexpert.

Wat op den éischte Bléck no engem gemittleche Liewen ausgesäit, ass a Wierklechkeet eng usprochsvoll Aufgab, sou de Romeo: „Den Drock ass enorm. Meng Fan-Communautéit gëtt vu Match zu Match méi grouss, an déi wëll ech natierlech net enttäuschen. Et geet jo schliisslech ëm mäin Image. Ausserdeem muss ech ëmmer gutt ausgesinn. Ier gedréint gëtt, gëtt kontrolléiert, ob ech näischt tëscht den Zänn hunn an ob mäi Pelz richteg sëtzt. An dann déi ganz Technik... Dir gleeft net, wéi frustréierend et ass, wann ech eng genial Prognos ofginn an de Mënsch hannert der Kamera feststellt, datt e guer net gefilmt huet. Dobäi hunn ech net onlimitéiert vill richteg Visiounen den Dag!"

Dacks stëmmt säi Bauchgefill, wéi déi lescht Resultater weisen. D'Finall huet de Romeo





richteg virausgesot, an an der Halleffinall huet hien nëmmen ee vun den zwee Matcher falsch getippt. „Ech hu jo och ni behaapt, perfekt ze sinn", ënnersträicht de Romeo. „Wann esouguer professionell Experten heiansdo falsch leien, dann dierf dat engem Alpaka och emol geschéien."

Déierewuel viru Prognosen

Trotz aller Futtball-Euphorie steet d'Wuel vun den Déieren ëmmer op éischter Plaz, erkläert d'Deborah vun der Maison Relais: „Mir probéieren zwar, d'Videoereegelméisseg opzehuelen, mee de Romeo gëtt net gezwongen. Grad



um Ufank vun engem Tournoi fanne vill Matcher op engem Dag statt, soudass mir heiansdo méi Videoen hannerteneen dréinen. Da kann et virkommen, datt hien iergendwann d'Flemm kritt an net méi matmaache wëll. Dat respektéiere mir dann. Wéi et am Juli esou waarm war, hu mir esouguer eng Paus ageluecht a guer net gefilmt."

Hannert de Kulisse këmmert sech eng engagéiert Ekipp aus der Maison Relais ëm déi sechs Alpakaen. D'Deborah, d'Sandra, d'Esther, de Leon an d'Anne hunn all speziell Formatiounen am Ëmgang mat dësen Déiere gemaach. Si kucke moies a mëttes no den Alpakaen a suergen dofir, datt et hinnen un näischt feelt. Och weekends ass ëmmer ee vun hinnen am Asaz, fir d'Véierbeener ze fidderen an hinne frëscht Waasser ze ginn. Fir sech bei héijen Temperaturen ofzekillen, steet den Alpakaen och e klenge Baseng zur Verfügung.



D'WM-Orakel-Aktioun ass net nëmmen eng flott Ofwiesslung fir d'Educateuren an d'Alpakaen, och d'Kanner vun der Maison Relais profitéieren dovun a bedeelege sech aktiv un där ganzer Organisatioun. Si hëllefe beim Opstelle vun de Behälter, diskutéieren iwwert d'Matcher a si ganz gespaant, ob de Romeo mat senge Prognose richteg läit. Esou gëtt d'WM zu



engem gemeinsame Gespréichsthema a motivéiert d'Kanner, sech mat Sport a grousse sportlechen Evenementer auser-neenzesetzen.

Alpakae gi viral

Nieft dëser Aktioun bidden d'Alpakaen de Kanner awer och am Alldag vill flott Momenter. D'Schüler hëllefe beim Fidderen a Botzen an iwwerhuelen esou schonn a jonkem Alter Verantwortung fir d'Déieren. Reegel-méisseg ginn d'Kanner och zesumme mat den Alpakae spadséieren, wat net nëmme bei hinne fir Begeeschterung suergt. De Romeo a seng Kolleegen zéie bei hiren Trëppeltier vill Opmierksamkeet op sech. Foussgänger bleiwe stoen, Auto-mobiliste fuere méi lues a maachen eng Foto oder e Video vun hinnen. Dass de Romeo mëttlerweil och op TikTok bekannt ass, hunn d'Educatricen éischter duerch Zoufall erausfonnt, wéi si beim Scrollen op e Video vun den Alpakae gestouss sinn. Heiansdo trëppele si bei de Bäcker, aner Deeg goung et schonn a Richtung Supermarché op Minsbech – allerdéngs just bis virun d'Dier. Och wann do nëmmen e Schëld hänkt, datt Hënn net an d'Geschäft däerfen, muss ee säi Gléck jo net onnéideg erausfuerderen, geck-sen d'Educatricen Deborah a Sandra.





D’Erënnerung un d’Emeline weiderliewe loossen

Ob de Romeo bei der nächster Futtball-Europameeschterschaft erëm als Orakel am Asaz wäert sinn, hänkt natierlech vu senger Motivatioun of. Wann hie weiderhi sou vill Freed dorun huet, steet enger Fortsetzung näischt am Wee. Fir d’Ekipp vun der Maison Relais ass dëst och eng Manéier, d’Erënnerung un d’Emeline weiderliewen ze loossen, déi d’Iddi fir d’Schëtter Futtball-Orakel hat an dëst Joer leider verstuerwen ass. An hirem Sënn wëllen d’Deborah an d’Sandra d’Aktioun och an Zukunft mat vill Häerzblutt weiderféieren.







Instagram

Facebook

D'ROSERAIE ZU MINSBECH:
E LIEWEGT STÉCK LËTZEBUERGER KULTURIERWEN

Maryse Weirig-Hensel • Presidentin vun de Lëtzebuerger Rousefrënn | Mireille Steil • Éierepresidentin vun de Lëtzebuerger Rousefrënn a Vizepresidentin vun der Weltrousefederatioun

Wann een duerch de Park vum Minsber Schlass trëppelt, fält de Bléck séier op ee vun de schéinste Bijoue vun der Gemeng: d'Roseraie. Mat hirer impressionanter Villfalt u Faarwen a Formen ass d'Roseraie net nëmmen eng Attraktioun fir Natur- a Gaardefrënn, mee erzielt och e wichtegt Kapitel vun der Lëtzebuerger Rousegeschicht. Hannert dësem besonnesche Projet stinn d'Lëtzebuerger Rousefrënn, déi sech zënter bal 50 Joer fir d'Erhale vun eisem nationale Rousekulturierwen asetzen.



Eng laangjäreg Traditioun

D'Lëtzebuerger Rousefrënn goufen 1980 gegrënnt. Hiert Zil war et vun Ufank un, déi aussergewéinlech Geschicht vun der Lëtzebuerger Rousenzuucht ze erhalen a méi siichtbar ze maachen.

Tëscht 1855 an dem Éischte Weltkrich hu renomméiert Lëtzebuerger Rousenziichter wéi Soupert & Notting, Ketten Frères, Gemen & Bourg oder Lamesch Rousen entwéckelt, déi an déi ganz Welt exportéiert goufen. Am Laf vun de Joerzéngte sinn awer vill vun dësen Zorten a Vergiessenheet geroden. D'Lëtze-



buerger Rousefrënn hu sech op d'Sich gemaach a konnten eng Rei vun dësen historesche Rousen op verschiddene Plazen an Europa – an esouguer a Japan – erëmfannen. Haut bléie vill vun dëse Rousen nees am Schlasspark.

Fir dëst Kulturierwe bekannt ze maachen, organiséieren d'Lëtzebuerger Rousefrënn reegelméisseg Virträg am In- an Ausland. Dobäi gi si op d'Geschicht vun de Lëtzebuerger Rousenziichter an d'Bedeitung vun de Lëtzebuerger Rousenzorten an, eng Geschicht, déi ëmmer nees op Begeeschterung stéisst.

De Wonsch no enger eegener Roseraie stoung schonn an den éischte Statute vum Veräin. Awer et sollt vill Zäit vergoen, bis de passende Standuert fonnt gouf. „Mir hu laang no engem Terrain gesicht", erzielt d'Maryse Weirig-Hensel, Presidentin vun de Rousefrënn. „Well den Terrain beim Schlass an ëffentlecher Hand ass, an eis vun Ufank u gutt gefall huet, war dëst fir eis déi ideal Plaz." De Staat a virun allem d'Gemeng hunn de Projet vun Ufank un ënnerstëtzt.



„À l'Amitié –
Auf die Freundschaft"







„Prince Charles de Luxembourg"

Nodeems d'Pläng ausgeschafft waren, konnt d'Roseraie 2017 offiziell ageweit ginn.

E liewege Conservatoire

D'Roseraie am Schlasspark ass vill méi wéi eng klassesch Parkanlag. Fir d'Mireille Steil, Éierepresidentin vun de Lëtzebuerger Rousefrënn, ass si „e liewege Conservatoire vun der Lëtzebuerger Rousegeschicht". Aktuell wuessen hei 150 verschidde Rousenzorten op 633 Rousestäck, dorënner 91 historesch Lëtzebuerger Zorten an 59 méi nei Kreatiounen, déi no 1962 geziicht goufen. An d'Geschicht geet weider: Schonn elo waarden 13 weider Rousen op hir Plaz an der Roseraie. Well d'Plaz knapp gëtt, sinn aktuell Aarbechte fir eng Vergréisserung amgaangen.

Nimm mat Bedeitung

All Rous an der Minsber Roseraie huet en eegenen Numm. Vill vun hinne sinn no Perséinlechkeeten, Uertschaften oder besonneschen Uläss benannt. Sou steet d'Rous „À l'Amitié – Auf die Freundschaft" fir déi enk Frëndschaft tëscht

Schëtter a senger Partnergemeng Siegelsbach, wärend „#YesWeCare" als Hommage un d'Gesondheetspersonal wärend der Covid-Pandemie geplanzt gouf.

D'Roseraie lackelt Joer fir Joer eng grouss Zuel u Visiteuren op Minsbech. Eventer wéi d'Rousefest, d'Oppe Gaardepäertchen oder „Scones and More" droen dozou bäi, datt och vill Gäscht vu baussent der Gemeng de Wee an de Schlasspark fannen.

Besonnesch gär erënnert sech d'Maryse un d'Daf vun der Rous „Europa Donna", bei där d'Grande-Duchesse María Teresa d'Roll vun der Dafgiedel iwwerholl hat. „Dat war fir mech eng vun de schéinste Rousedafen, déi mir bis elo organiséiert hunn", sou d'Presidentin vun de Rousefrënn. D'Veranstaltung stoung ganz am Zeeche vum Engagement géint de Broschtkriibs. Ënnert de Gäscht waren och Fraen, déi dës Krankheet iwwerstanen hunn, wat dem Event eng ganz besonnesch emotional Bedeitung ginn huet.

Hannert all Bléi stécht vill Engagement

Fir datt d'Roseraie iwwert d'ganzt Joer bléie kann, ass den Asaz vu Benevolle gefrot. Tëscht 12 a 15 Fräiwëlleger komme reegelméisseg op Minsbech, fir d'Rousen ze fleegen, ze nätzen an déi vill Aarbechten ze maachen, déi am Laf vum Joer ufalen. Dobäi gëtt grousse Wäert







Le baptême de la rose « Europa Donna »

op eng natierlech an nohalteg Fleeg geluecht. Op Pestizide gëtt konsequent verzicht. „Mir sprëtzen iwwerhaapt net. Mir dünge just", verséchert d'Mireille.

Besonnesch vill Opmierksamkeet verlaangen déi al Lëtzebuerger Rousenzorten. Si si méi ufälleg a musse virun allem iwwert de Wanter gutt versuergt ginn, fir datt dëse wäertvolle Patrimoine och fir déi nächst Generatiounen erhale bleift.

Eng Traditioun mat Zukunft

Mat ronn 400 Memberen aus dem ganze Land ass de Veräin gutt opgestallt. Fir d'Zukunft wënsche sech d'Maryse an d'Mireille méi jonk Leit, déi sech am Comité oder bei der Fleeg vun der Roseraie engagéiere wëllen. „Mir sinn eng flott Ekipp a schaffen immens gär zesummen. Déi Jonk solle sech einfach mol ukucke kommen, wéi schéin et hei ass."

An enger ëmmer méi hektescher Welt bleift d'Roseraie eng Plaz, wou een duerchootmen, d'Natur genéissen an zur Rou komme kann.





Rousendaf „Prënz François vu Lëtzebuerg"


„Rousefrënn"



Teatime Scones and More

Dir wëllt méi iwwert d'Lëtzebuerger Rousenzorten an hir spannend Geschicht gewuer ginn?

Op **www.rousefrenn.lu** fannt Dir eng Auswiel u Publikatiounen, Informatiounen iwwer d'Lëtzebuerger Rousen an déi vill Aktivitéite vun de Lëtzebuerger Rousefrënn.

RECTIFICATIF:

Am Gemengebuet 02/2026 stoung, dass an der Roseraie iwwer 600 Rousenzorten ze fanne wieren. Richteg ass, dass et sech dobäi ëm Rousestäck handelt.

Video

21.05

TALENTSHOW VUN DER MAISON RELAIS

Den 21. Mee 2026 hat d'Maison Relais eng weider Editioun vun hirer Talentshow organiséiert an op en Neits Grouss a Kleng begeeschtert. Dësen Owend huet ville Kanner d'Geleeënheet gebueden, hir Talenter virum Public ze weisen – Talenter, op déi si mat Recht houfreg kënne sinn.



D'Virbereedunge fänke scho laang virun der eigentlecher Manifestatioun un. Schonn am September kënnt eng Ekipp vun Erzéierinnen an Erzéier zesummen, fir sech en Thema ze iwwerleeën an d'Event op d'Been ze stellen. D'Kanner kënne sech an Danzgruppen aschreiwen oder un engem Casting deelhuelen. Ob Gesang, Musek, Komedie oder aner kënschtleresch Disziplinnen – jiddweree kritt d'Méiglechkeet, säin Talent op der Bün ze weisen.

Vu Januar u gëtt dann intensiv geprouft. Tëscht 80 an 100 Kanner sinn all Joer un der Talentshow bedeelegt. Dat erfuerdert eng gutt Organisatioun, fir d'Prouwen, d'Gruppen an d'Zäiten openeen ofzestëmmen. Besonnesch flott ass, datt d'Kanner vill selwer gestalten: Si sichen



d'Musek eraus, entwéckelen hir Choreografien a bréngen hir eege Kreativitéit an de Projet an.

Och déi Kanner, déi net op der Bün stinn, droen zum Erfolleg vun der Talentshow bäi. Si hëllefen, de Sall ze dekoréieren an eng gemittlech Ambiance ze schafen. Dës Preparatiounen zéie sech iwwer e puer Méint a maachen de Projet zu engem richtege Gemeinschaftswierk.

Den Dag vun der Talentshow ass fir vill Kanner ee vun den Héichpunkten am Joer. Moies presentéiere si hir Optrëtter zweemol virun hire Schoulkameroden – eng Aart Generalprouf, éier si owes viru Famill a Frënn op der Bün stinn. D'Freed ass dobäi grouss: D'Kanner dierfe Kostümer undoen, gi geschminkt a gestylt, änlech wéi d'Staren op der Tëlee.



E weideren Highlight vum Owend ass, datt jonk Moderatoren duerch de Programm féieren. All Joer iwwerhuelen dräi Kanner dës Aufgab a presentéieren den Owend op dräi Sproochen.

Am Mëttelpunkt steet virun allem de Spaass an d'Freed um Optrëtt. D'Talentshow ass keng Kompetitioun, an d'Kanner ginn net bewäert. Si kréien awer d'Méiglechkeet, sech auszedrécken, Selbstvertrauen ze gewannen an hiert Talent an engem flotte Kader mat aneren ze deelen.

Déi drëtt Editioun huet nach eng Kéier gewisen, wéi vill Kreativitéit, Engagement an Talent an de Kanner stécht. Eng Erfarung, déi de Participanten, hire Familljen an dem Léier- an Erzéiungspersonal nach laang a schéiner Erënnerung bleiwe wäert.







06.06



NUIT DU SPORT 2026

De 6. Juni 2026 huet sech um Campus „an der Dällt" nees alles ronderëm de Sport gedréit. Organiséiert vun der Gemeng Schëtter, der Sport- a Fräizäitkommissioun a mat der Ënnerstëtzung vun de lokale Veräiner, hat d'Nuit du Sport als Zil, de Visiteuren d'Freed un der Beweegung an um Sport méi no ze bréngen.

Am Laf vum Owend konnten d'Kanner an hir Familljen eng breet Palett u sportlechen Aktivitéiten entdecken an ausprobéieren. Ob eleng, mat Frënn oder als Famill – et war fir all Alter an all Niveau eppes dobäi. D'Manifestatioun huet op en Neits gewisen, datt Sport net nëmme gutt fir d'Gesondheet ass, mee virun allem och Spaass mécht a Leit zesummebréngt.



D'Participante konnten ënner anerem Cricket, Pétanque, Muay Thai, Badminton, Liichtathletik, Pickleball, Bouschéissen, CrossFit, Outdoor Fitness, Volleyball, verschidde Futtball-Aktivitéiten, rhythmesch Gymnastik an e Vëlo-Parcours vum ACL entdecken an ausprobéieren. Fir déi jonk Visiteure gouf iwwerdeems e Facepainting-Atelier ugebueden.

E grousse Merci geet un d'Organisateuren, d'Veräiner an déi vill Fräiwëlleger, déi dëst flott Evenement op d'Bee gestallt hunn.











14.06



FÊTE DE LA MUSIQUE

De 14. Juni 2026 huet d'Fête de la Musique nees vill Visiteuren op de Campus „an der Dällt" gezunn. Déi flott Ambiance an déi villfälteg musikalesch Optrëtter hunn dësen Dag zu engem gelongene Rendez-vous fir d'Museksfrënn gemaach.

Um Programm stoungen ënner anerem d'Schëtter Jongbléiser, d'Ensembelë vun der UGDA-Museksschoul, de Schëtter Gesank, d'Fielser Mini-Musek, en Hip-Hop-Dance-Grupp, Tango-Dänzer, d'Schëtter Musek zesumme mat der Fanfare Sandweiler, d'Schëtter 5 Eraus an d'Big Band Spectrum. E grousse Merci geet un d'Kulturkommissioun an all déi bedeelegt Persounen, déi dëst Evenement organiséiert hunn.






CODEX






CODEX



20.06



OPEN AIR KINO 2026

Den 20. Juni 2026 huet d'Kanner- a Jugendkommissioun op déi drëtt Editioun vun hirem Open Air Kino um Campus „an der Dällt" agelueden. Um Programm stoungen dëst Joer den Animatiounsfilm „200% Wolf" an „Superman 2025". Fir lessen a Gedrénks war och gesuergt mat frëschem Popcorn a Gegrills.

Mir soen der Kommissioun villmools Merci fir d'Organisatioun vun dësem flotten Event.







23.06



NATIONAL-FEIERDAG 2026

Nationalfeierdag war och dëst Joer nees eng flott Geleeënheet, fir mat der Famill, Frënn an Noperen zesummenzekommen an e puer geselleg Stonne mateneen ze verbréngen. Wéinst den héijen Temperaturen huet den traditionelle Cortège dëst Joer leider missen ofgesot ginn. Dat huet eis Awunner awer net dovun ofgehalen, un de Feierlechkeeten deelzehuelen. Vill Leit hunn de Wee op de Campus fonnt, fir bei der offizieller Zeremonie an dem uschléissende Volleksfest dobäi ze sinn an zesummen Nationalfeierdag ze feieren.

Fir d'Lëtzebuerger Monarchie huet den 3. Oktober 2025 eng nei Ära ugefaangen. Mam Grand-Duc Guillaume, der Grande-Duchesse Stéphanie an hire Prënze Charles a François steet eng Generatioun un der Spëtzt vum Land, déi Traditioun a Modernitéit vereent. Si sti fir eng Monarchie, déi







de Mënschen no ass an déi gläichzäiteg e wichtege Garant fir d'Stabilitéit, d'Kontinuitéit an d'Eenheet vun eiser Natioun bleift. An enger Zäit vu groussen internationalen Eraus-fuerderungen ass dat e wäertvolle Réckhalt fir eist Land.

A senger offizieller U-sprooch ass de Buergermeeschter Claude Marson op déi aktuell national an international Eraus-fuerderungen agaangen an huet dobäi d'Wichtegkeet vum Zesummeliewen, vum gesellschaftlechen En-gagement a vum Dialog ënnerstrach. Gläichzäiteg huet hien ervirgehuewen, wéi wichteg et ass, och an enger Welt am Wandel un de Wäerter vun Demokratie, Solidaritéit a géigesäitegem Res-pekt festzehalen.

E feste Bestanddeel vun de Feierlechkeete war d'Éierung vu





verdéngschtvolle Veräinsmemberen. Mat dëser Unerkennung gouf hinne Merci gesot fir hiren onermiddlechen Asaz an déi vill Zäit, Energie a Leidenschaft, déi si an hir Veräiner investéieren. Dës Momenter goufen duerch musikalesch Stécker vun der Schëtter Musek an dem Schëtter Gesank festlech encadréiert.

No dem méi festlechen Deel stoung d'Gesellegkeet am Mëttelpunkt. D'Festzelt huet sech séier mat Leit gefëllt, wärend en DJ an d'Schëtter Strëpp fir eng flott Ambiance gesuergt hunn. Fir déi jonk Gäscht stoungen en Trampolin an e Mini-Zuch bereet. Besonnesch gutt ukomm sinn nees déi kulinaresch Spezialitéiten, déi vun Awunner vu verschiddenen Nationalitéiten aus der Gemeng preparéiert goufen. Mat Platen aus aacht Länner hu si d'Visiteuren op eng kulinaresch Weltrees matgeholl.

E grousse Merci geet an deem Sënn un d'Veräiner, d'kulinaresch Gruppen, d'Mataarbechter vun der Gemeng a jiddereen, deen dozou bäigedroen hunn, datt de Schëtter Nationalfeierdag nees e grousse Succès war.





















Zësùmmë lɪewеñ

GEMENGEPAKT

GREEN EVENTS

26.06

DRÄI ASTRONAUTEN OP BESUCH ZU SCHËTTER

Wéi fillt et sech un, mat 28.000 Kilometer pro Stonn ëm d'Äerd ze fléien? Wéi ass et, wann all 45 Minutten d'Sonn op- an nees ënnergeet? A verléiert een am Weltall säi Gefill fir d'Zäit? Äntwerten op dës an nach vill aner Froen hunn d'Visiteuren de 26. Juni 2026 am Sëtzungssall zu Schëtter kritt. Deen Owend waren nämlech dräi ausser-gewéinlech Gäscht op Besuch: d'Astronaute Julie Payette, Michael Foreman an Dumitru Dorin Prunariu.

D'Julie Payette, fréier Astronautin a spéider Gouverneurin vu Kanada, huet de Public mat op eng faszinéierend Rees op d'International Raum-statioun (ISS) geholl. No nëmmen e puer Minutten hat een d'Gefill, Schëtter hanner sech gelooss ze hunn an zesumme mat hir duerch de Weltall ze fléien. Mat vill Humor a Begeeschterung huet si vun hire Missiounen erzielt a mat Videoopnamen een eenzegaartegen Abléck an den Alldag am Orbit ginn.

Am Mee 1999 ass si u Bord vum Space Shuttle „Discovery" fir d'éischt an de Welt-raum geflunn. Wärend der Missioun STS-96 huet si Material an Ausrüstung op d'ISS bruecht, déi deemools nach am Opbau war. Besonnesch impres-sionant war hir Beschreiwung vun der Aarbecht mam Roboter-aarm, déi héchst Präzisioun erfuerdert huet. De spannendste Moment? Wéi eng schwéier Batterie, déi mam Roboteraarm transportéiert gouf, nëmmen nach e puer Zentimeter vun der Raumstatioun ewech war. Hir zweet Missioun huet si 2009 nees op d'Raumstatioun gefouert.

Nieft de spektakuläre Missioune waren et virun allem d'Gesch-ichten aus dem Alldag am Weltall, déi d'Leit am Sëtzungssall faszi-néiert hunn. Amplaz ze trëppelen, schwieft een duerch d'ISS. Heiansdo kënnt et vir, datt ee sech de Kapp stéisst, mee och dat gehéiert dozou. Och wann et





op den éischte Bléck einfach a kamoud ausgesäit, erfuerdert d'Liewen ouni Schwéierkraaft vill Disziplin. Fir fit ze bleiwen an de Verloscht vu Muskelmass ze verhënneren, mussen d'Astronauten intensiv trainéieren.

„Mir liewen all zesummen an der Raumstatioun"

D'ISS steet zanter iwwer 25 Joer fir international Zesummenaarbecht. Wärend et op der Äerd politesch Tensioune ginn, schaffen Astronauten aus verschiddene Länner a Kontinenter am Orbit Hand an Hand zesummen. Op der Raumstatioun verléieren national Grenzen u Bedeitung.

De Michael Foreman huet dogéint en Deel vu senger Aarbecht baussent der Raumstatioun verbruecht. De fréieren NASA-Astronaut huet fënnef „Spacewalks" absolvéi-





schaft fir d'Raumfaart ass awer bis haut onverännert bliwwen. Op d'Fro, ob hien nach eng Kéier géif an den All fléien, huet hien ouni ze zécken geäntwert: „Wa méiglech, direkt muer!"

„Traut iech ze dreemen!"

ert an dobäi Entretiensaarbechten un der ISS duerchgefouert. E Spadséiergang am Weltall ka bis zu sechs an eng hallef Stonn daueren an erfuerdert héchst Konzentratioun souwéi eng gutt Virbereedung.

Mat vill Begeeschterung huet och den Dumitru Dorin Prunariu vu senger Missioun erzielt, déi scho 45 Joer zeréckläit. Als éischten a bis haut eenzege Rumän am Weltraum huet hien 1981 eng Woch am Orbit verbruecht. Deemools goufen et nach keng modern Touchscreens oder digital Systemer, mee virun allem elektromechanesch Instrumenter. Seng Leidenschaft fir d'Raumfaart ass awer bis haut onverännert bliwwen. Op d'Fro, ob hien nach eng Kéier géif an den All fléien, huet hien ouni ze zécken geäntwert: „Wa méiglech, direkt muer!"

Zum Schluss vum Owend hunn déi dräi Astronauten de jonke Gäscht en inspiréierende Message mat op de Wee ginn. Als Kanner hätt wuel kee vun hinne geduecht, enges Daags an de Weltall ze fléien. Ma wat haut onméiglech schéngt, ka muer Realitéit ginn. „Traut iech ze dreemen", huet





d'Julie Payette ëmmer nees betount. Dreem kënnen an Erfëllung goen – och fir jonk Leit aus Lëtzebuerg. Schliisslech huet sech d'Land an de leschte Joren als e wichtegen Acteur am Beräich vun der Raumfaart etabléiert, notamment an de Beräicher Weltraumressourcen, Satellittentechnologien a Weltraum-Gouvernance. D'Méiglechkeeten, e Beruff am Weltraum-Secteur ze fannen, sinn haut méi grouss wéi jee.





02.07

AWEIUNG VUN DER NEIER SPORTSINFRASTRUKTUR „OP DER BISSEMT”

Den 2. Juli 2026 gouf zu Minsbech den neie Formatiounsraum mat integréierter Buvette um Stade „Op der Bissemt” offiziell ageweit. A Presenz vun der Sportministesch Martine Hansen, dem FLF-President Paul Philipp, Vertrieder aus der Politik, dem Sportsecteur an dem Veräinsliewe gouf dëse wichtegen Dag no enger Bauzäit vu ronn 19 Méint gefeiert.

D’Aweiung huet zäitlech mat de Feierlechkeete vum 80. Anniversaire vum FC Minsbech stattfonnt an huet domat e perfekte Moment gebueden, fir op d’Geschicht vum Veräin an op seng Zukunft ze kucken. Zënter senger Grënnung am Joer 1946 ass de Club en onverzichtbare Bestanddeel vum Veräinsliewen an der Gemeng Schëtter. Nieft de sportleche Leeschtungen huet den FC Minsbech sech ëmmer nees duerch seng staark Jugendaarbecht a säin Engagement fir d’Gemeinschaft ausgezeechent.

Mat der neier Infrastruktur stinn dem Veräin modern a funktionell Raimlechkeeten zur Verfügung, fir den aktuellen an zukünftege Besoine gerecht ze







ginn. D'Gebai ëmfaasst ënner anerem eng nei Buvette, e Formatiounssall, eng modern Kichen, nei Vestiairen, eng Infirmerie, e Büro an eng iwwerdaacht Tribün mat ronn 80 Sëtzplazen. Besonnesche Wäert gouf op de Confort, d'Accessibilitéit an eng optimal Integratioun an d'Ëmwelt geluecht.

De Projet gouf no de Prinzippie vum nohaltege Bauen entwéckelt an orientéiert sech un der "Cradle-to-Cradle"-Philisophie. Holz als Haaptbaumaterial, eng Loft-Waasser-Wärmepompel, eng Photovoltaikanlag, eng energieeffizient Beliichtung an eng Belëftungsanlag mat Wärmeréckgewënnung droen dozou bäi, den Energieverbrauch ze optiméieren an d'Ëmwelt ze schounen. Mat dëser Approche ënnersträicht d'Gemeng hire Wëllen, nohalteg an zukunftsorientéiert Infrastrukturen, ze schafen.

Nieft dem eigentleche Gebai konnt och d'Proprietéitssituatioun ronderëm de Site definitiv gereegelt ginn. Dëst erméiglecht et der Gemeng, och an Zukunft weider an de





Stade „Op der Bissemt" z'investéieren. Sou ass schonn e weidere Projet a Planung: en zousätzleche syntheetesche Futtballsterrain, deen den Trainings- a Matchbetrib vum FC Minsbech verbessere soll.

Mat der Aweiung vun der neier Sportsinfrastruktur huet d'Gemeng Schëtter eng modern an nohalteg Anlag geschaf, déi net nëmmen dem FC Minsbech, mee och anere Veräiner zur Verfügung stoe wäert. D'Gebai ass domat net nëmmen eng Investitioun an de Sport, mee och an d'Zesummeliewen an d'Veräinsliewen an eiser Gemeng.








FC MUNSBAC
1946


Op der Bissemt








#TEAM1946



DIPLOMIWWERREECHUNG VUN DE LËTZEBUERGESCHCOURSEN

De 6. Juli 2026 hat de Schäfferot op d'Diplomiwwerreechung vun de Lëtzebuergeschcoursen invitéiert. Wärend dem Schouljoer 2025/2026 hunn nees vill Leit d'Méiglechkeet genotzt, Lëtzebuergesch ze léieren oder hir Sproochkenntnisser ze verdéiwen. Besonnesch ervirzehiewen ass déi grouss Diversitéit vun de 57 Participanten, déi 20 verschidden Nationalitéite vertrueden hunn.

Am Kader vun enger feierlecher Zeremonie kruten d'Participanten hir Diplomer iwwerreecht, déi si sech duerch vill Fläiss an eng reegelméisseg Presenz verdéngt hunn. De Buergermeeschter Claude Marson huet och vun der Geleeënheet profitéiert, der Lëtzebuergeschproff Sylvie Bies-Rock Merci fir hiren Engagement an hir wäertvoll Aarbecht auszespriechen. D'Lëtzebuerger Sprooch spillt eng wichteg Roll fir d'interkulturellt Zesummeliewen. Mat hirem Asaz dréit d'Sylvie Bies-Rock dozou bäi, Brécken tëscht de

Kulturen ze bauen an den interkulturellen Austausch an eiser Gemeng ze stäerken.

Fir de musikaleschen Encadrement huet de Schëtter Gesank gesuergt, deem mir e grousse Merci fir säi flotte Bäitrag soen.

Hei kënnt Dir lech fir d'Lëtzebuerg-eschcoursen umellen.



06.07 - 08.07

CYCLE 3.1 OP ENTDECKUNGS-REES ZU SIEGELSBACH

Vum 6. bis den 8. Juli 2026 huet de Cycle 3.1 e puer spannend Deeg an eiser däitscher Partnergemeng Siegelsbach verbruecht. Dës Rees war net nëmmen eng flott Kolonie mat villen neien Erliefnesser, mee och eng schéi Geleeënheet, eis jonk Awunner an de Jumelage mat anzebannen an déi gutt Zesummenaarbecht tëscht de Partnergemengen ze stäerken.

Um Programm stoungen ënner anerem eng Visitt vun der imposanter Buerg Guttenberg, wou d'Kanner eng spektakulär Gräifvullevirféierung konnte bewonneren, souwéi en Ausfluch an den Technikmusée zu Speyer.

Den Highlight war fir déi meescht de Besuch am drëtte Schouljoer. Tëscht de Schoulkanner vu béide Gemenge besteet nämlech schonn zënter enger Zäit eng Bréiffrëndschaft, an elo konnte si sech endlech perséinlech kennéieren. D'Freed war grouss, wéi déi jonk Bréiffrënn sech fir d'éischt begéint hunn.





Verschidde Kanner haten d'Geleeënheet, de Siegelsbacher Buergermeeschter Tobias Haucap kennenzeléieren a sech mat him z'ënnerhalen.

Dës Deeg hu gewisen, wéi wäertvoll d'Partnerschaft tëscht Schëtter a Siegelsbach ass. Nieft de gemeinsame Projeten an den offiziellen Treffe sinn et virun allem esou perséinlech Begéinungen, déi dozou bäidroen, Frëndschaften iwwert d'Grenzen ewech ze schafen an ze verdéiwen. Eng flott Erfarung, déi de Kanner sécher nach laang an Erënnerung bleiwe wäert.



Siegelsbach
www.siegelsbach.de

09.07

E BLÉCK HANNERT D'KULISSE VUN DER GEMENG



Am Kader vum Sciences-Unterrecht huet de Cycle 3.1 vun der Schoul an der Dällt den 9. Juli 2026 eng Entdeckungstour duerch d'Gemeng gemaach. Ënner anerem haten d'Kanner d'Geleeënheet, d'Gemengeverwaltung méi genee kennenzeléieren.

Wärend der Visitt kruten d'Schüler en Abléck an d'Aarbecht vum Accueil, Populatiounsbüro, de Relations Publiques an dem Service Urbanismus. Vill Froen, déi si sech am Alldag stellen, konnten dobäi beäntwert ginn: Wou läit den Ënnerscheed tëscht engem Pass an enger Carte d'identité? Op wat muss ee bei enger Passfoto oppassen? Firwat muss en Hond bei der Gemeng ugemellt ginn? Ausserdeem goufen d'Kanner gewuer, wéi Fester an Evenementer organiséiert ginn a bei wéi enge Bauprojeten – wéi zum Beispill engem Gaardenhaischen, enger Schwämm oder enger Hausvergréisserung – eng Geneemegung noutwenneg ass.

Zum Schluss vun hirem Ausfluch stoung nach eng besonnesch Renconter um Programm: de Buergermeeschter Claude Marson huet sech Zäit geholl, fir d'Kanner ze begréissen an op hir Froen ze äntweren. Dobäi gouf séier kloer, dass si sech net nëmme fir seng Fonctioun als Buergermeeschter interesséieren, mee och fir de Mënsch dohannert. Wéi gesäit en





typeschen Aarbechtsdag aus? Schafft hien nach nieft sengem Amt als Buergermeeschter? Huet hien och emol Congé? Op dës an nach vill aner Froen huet de Claude Marson mat vill Gedold an Humor geäntwert.

Mir soen de Schüler vum Cycle 3.1 souwéi dem Léierpersonal villmools Merci fir hire Besuch an hiren Intressi. Et war eis eng grouss Freed, hinnen ze weisen, wéi villfälteg d'Aufgabe vun enger Gemeng sinn a wéi vill Organisatioun hannert deene verschiddene Servicer stécht.



13.06 11.07



SCHËTTER MAART

Um Schëtter Maart konnten eis Biergerinnen a Bierger déi lescht Méint nees eng grouss Auswiel u regionalen, biologeschen a Fairtrade-Produiten entdecken an akafen. Vu frëschem Uebst a Geméis iwwer Gebeess bis hin zu Schockela war fir all Goût eppes dobäi.

Wëllt och Dir Är Produiten um Schëtter Maart ubidden? Egal ob Handwierkskonscht, Liewensmëttel oder Dekoartikelen: Mir freeën eis ëmmer iwwer nei Maartsleit! Bei Interessi oder Froe kënnt Dir de Service Relations Publiques kontaktéieren: relations.publiques@schuttrange.lu.



16.07

SCHECKIWWERREECHUNG AM KADER VUN „SCHËTTER KULINARIA”

Och dëst Joer hu sech nees vill Awunner aus der Gemeng bereet erkläert, am Kader vun „Schëtter Kulinaria” e Stand ze bedreiwen an de Visiteuren d'Kichen aus hirem Heemechtsland méi no ze bréngen. Mat vill Engagement a Leidenschaft hu si Spezialitéiten aus aacht verschiddene Länner preparéiert an domat zu der besonnescher Ambiance vum Schëtter Nationalfeierdag bäigedroen.

De gastronomesche Volet stoung dobäi awer net eleng am Mëttelpunkt. Wéi all Joer goufen d'Recettë vun Nationalfeierdag integral fir de gudden Zweck gespent. Dank dem Asaz vun de kulinaresche Gruppe konnten de 16. Juli 2026 Schecken an Héicht vu jeeweils 1.865 Euro u véier Associatiounen iwwerreecht ginn:

- **„Schëtter Hëlleft”** ass e Grupp vu Fräiwëllegen, dee sech ëm Leit an Nout këmmert. Den Ament ënnerstëtze si ukrainesch Flüchtlingen op verschiddenen Niveauen, sief et mat Material, Informatiounen oder administrativer Hëllef.





- **„ELA Luxembourg”** setzt sech dofir an, iwwert déi rar Krankheet Leucodystrophie ze sensibiliséieren, d'Fuerschung an dësem Beräich ze förderen an déi betraffe Familljen z'ënnerstëtzen.

- **„Luxembourg Allergy Network”** ass eng Patienten-organisatioun, déi iwwer Allergië sensibiliséiert a betraffe Persoune mat Allergien ënnerstëtzt, an-deems e Bewosstsi fir Allergië geschaaft gëtt an d'Inklusioun vu concernéierte Persounen an hirem Aarbechtsëmfeld gefërdert gëtt.

- **„AryaLux (Association des femmes)”** huet sech als Zil gesat, d'Rechter vu Fraen ze promouvéieren a besser Zukunfts-perspektive fir weib-lech Flüchtlingen zu Lëtzebuerg souwéi an Entwécklungslänner ze schafen.

„Schëtter Kulinaria” lieft vum Engagement an der Diversitéit vun eisen Awunner. Wann och Dir Loscht hutt, nächst Joer Är kulinaresch Spezialitéite virzestellen, da mellt lech gären ënner relations.publiques@schuttrange.lu. Mir freeën eis iwwer all Participatioun!

10.06 FEST VUN DER FRËNDSCHAFT









Org. CDSE

27.06 MAMMENDAGSFEIER







Org. Gaart an Heem Schëtter

02.07 AFTERWORK







Org. FC Munsbach

04.07

AUSFLUCH VUN DER AMIPERAS AN DEM FOTOCLUB









Org. Amiperas Schëtter & Fotoclub Schëtter

04.07 HÄMMELSMARSCH



Org. Schëtter Musek



Méi Fotoe fannt Dir hei.

SmugMug

04.07 LËTZEBUERGER OWEND













Org. FC Munsbach

05.07 GRILLFEST VUN DE SCOUTEN











Org. Scouts Les Castors Schuttrange

07.07

GRILLFEST VUN DER AMIPERAS







Org. Amiperas Schëtter

07.07 OFSCHLOSSIESSE GESANK











Org. Schëtter Gesank

10.07 SCHOULFEST











Org. Elterevereenegung Schëtter



Trauliicht brennen

A-Schmatten · Schuttrange

org. Stippi asbl

03.11.2026 **15:00**



Lëtz-Grapple 4.0

Hall des Sports 1 · Campus « an der Dällt »

org. Schëtter Jugendhaus

07.11.2026 **09:00**



Da komm a schwätz mat!

Galerie · Campus « an der Dällt »

org. Commission de l'Enfance et de la Jeunesse

07.11.2026 **16:00**



Buffet vun de Pompjeeën

Centre Culturel · Campus « an der Dällt »

org. Amicale pompiers Munsbach-Schuttrange

08.11.2026 **12:00**



Charity Bridge

Centre Culturel · Campus « an der Dällt »

org. Bridge Charity - Tukwataniise ASBL

12.11.2026 **13:00**



Schëtter Maart

Place de l'Église · Schuttrange

org. Commune de Schuttrange

14.11.2026 **09:00**



Hämmelsmarsch

Schrassig

org. Schëtter Musek

14.11.2026 **13:30**



Hämmelsmarsch

Schuttrange, Munsbach, Neuhaeusgen & Uebersyren

org. Schëtter Musek

21.11.2026 **08:30**

Neien Datum



Quizowend

Centre Culturel · Campus « an der Dällt »

org. FC Munsbach

21.11.2026 **19:00**



Gemengerotssëtzung

Salle du Conseil Communal

org. Commune de Schuttrange

25.11.2026 **17:00**



Adventsmaart

Centre Culturel · Campus « an der Dällt »

org. Fraen a Mammen Schëtter

29.11.2026 **14:00**



Kleeserchersfeier an der Schoul

Hall des Sports 2 · Campus « an der Dällt »

org. Schoul « an der Dällt » & Elterevereenegung Schëtter

04.12.2026 **15:00**



Fairytale Cup

Hall des Sports 1 · Campus « an der Dällt »
org. Rythmica Lux Schuttrange

05.12.-06.12.2026 **09:00**



Concert spirituel

Église paroissiale · Schuttrange
org. Schëtter Musek

13.12.2026 **16:30**



Chrëschtconcert

Église paroissiale · Schuttrange
org. Schëtter Gesank

06.12.2026 **16:30**



Chrëschtfeier am Schëtter Treff

Veräinshaus Beim Nëssert · Schuttrange
org. Commission de la Famille, du 3ième Âge et des Affaires sociales

16.12.2026 **15:00**



Gemengerotssëtzung

Salle du Conseil Communal
org. Commune de Schuttrange

09.12.2026 **17:00**



Christmas Boys Cup

Hall des Sports 1 · Campus « an der Dällt »
org. FC Munsbach

19.12.-20.12.2026



Schëtter Chrëschtmaart

Place de l'Église · Schuttrange
org. Commune de Schuttrange

11.12.-13.12.2026



New Year's Girls Cup

Hall des Sports 1 · Campus « an der Dällt »
org. FC Munsbach

02.01.-03.01.2027



Klengdéierenausstellung

Centre Culturel · Campus « an der Dällt »
org. Cercle Avicole Schuttrange

11.12.-13.12.2026



Schëtter Maart

Place de l'Église · Schuttrange
org. Commune de Schuttrange

09.01.2027 **09:00**



Schëtter Maart

Place de l'Église · Schuttrange
org. Commune de Schuttrange

12.12.2026 **09:00**



UGDA-Auditioun

Hall des Sports 2 · Campus « an der Dällt »
org. Museksschoul Syrdall

10.01.2027 **14:30**



Mullesonndeg

Centre Culturel · Campus « an der Dällt »
org. FC Munsbach

17.01.2027 **11:00**



Theatersték - Wellnesshotel Éisleker Séiblimmchen

Centre Culturel · Campus « an der Dällt »
org. Schëtter Theaterfrënn

23.01.2027 **20:00**



Theatersték - Wellnesshotel Éisleker Séiblimmchen

Centre Culturel · Campus « an der Dällt »
org. Schëtter Theaterfrënn

24.01.2027 **16:00**



Gemengerotssëtzung

Salle du Conseil Communal
org. Commune de Schuttrange

27.01.2027 **17:00**



Theatersték - Wellnesshotel Éisleker Séiblimmchen

Centre Culturel · Campus « an der Dällt »
org. Schëtter Theaterfrënn

29.01.2027 **17:00**



Theatersték - Wellnesshotel Éisleker Séiblimmchen

Centre Culturel · Campus « an der Dällt »
org. Schëtter Theaterfrënn

30.01.2027 **20:00**



Schëtter Maart

Place de l'Église · Schuttrange
org. Commune de Schuttrange

13.02.2027 **09:00**



Buergbrennen

Crosspist · Schuttrange
org. Club des Jeunes Schëtter

13.02.2027 **19:00**



Juniors U15 Indoor Tournament

Hall des Sports 1 · Campus « an der Dällt »
org. Star Cricket Club

13.02.-14.02.2027



Hierken Sonndeg mat Thé Dansant

Centre Culturel · Campus « an der Dällt »
org. Schëtter Nössmaart

14.02.2027 **11:30**



Kannerfuesbal

Centre Culturel · Campus « an der Dällt »
org. Elterevereenegung Schëtter

20.02.2027 **14:00**



Gemengerotssëtzung

Salle du Conseil Communal
org. Commune de Schuttrange

24.02.2027 **17:00**

Selwer Ge'Maart

Centre Culturel · Campus « an der Dällt »
org. LSAP Schëtter

28.02.2027 10:00

Dag vun de Choucrouten

Centre Culturel · Campus « an der Dällt »
org. Amiperas Schëtter

07.03.2027 11:30

Kuppel Cup

Hall des Sports 2 · Campus « an der Dällt »
org. Amicale Pompjeeën Minsbech-Schëtter

06.03.2027 12:00

Wichtegen Hiweis:

Am Eventblock fannt Dir déi aktuellst Informatiounen an Auerzäite vun de jeeweilegen Evenementer.



SËTZUNG VUM GEMENGEROT

03.06.2026

PRESENT:

Claude Marson,
Buergermeeschter

Serge Eicher, Conny Ney,
Schäffen

Jean-Marie Altmann, Nora Forgiarini, Annemarie Nagel, Serge Thein, Paul Theisen, Nicolas Welsch, ***Conseilleren***

Alain Dohn,
Gemengesekretär

ENTSCHËLLEGT:

Andrew Kiser, Jules Sauber,
Conseilleren

PROCURATIOUN:

Andrew Kiser ▸ Serge Eicher
Jules Sauber ▸ Paul Theisen

Fannt déi ganz Sëtzung vum Gemengerot op eisem Youtube-Kanal.

@Gemeng_Schetter

YouTube

De Buergermeeschter Claude MARSON heescht jiddereen häerzlech wëllkomm zu der 6. Gemengerotssëtzung am Joer 2026, déi ausnamsweis schonn um 8 Auer stattfënnt, well de Gemengerot iwwer d'Virschléi zur Reaffektatioun vu verschiddene Léier-innen a Léierpersonal am Fondamental-Unterrecht ze deci-déieren huet.

De Buergermeeschter entschëllegt als éischt d'Conseilleren Andrew KISER a Jules SAUBER. Hien deelt mat, datt den Här Andrew KISER dem Här Serge EICHER eng Procuratioun ginn huet, fir a sengem Numm ofzestëmmen, an datt den Här Jules SAUBER dem Här Serge THEIN eng Procuratioun ginn huet, fir a sengem Numm ofzestëmmen.

Ausserdeem informéiert de Buergermeeschter, datt den éffentleche Vott vun dëser Sëtzung mat him selwer ufänke wäert.

1. NOTARIATSAKTEN, COMPROMIS AN DROIT DE PRÉEMPTION

1.1. Approbatioun vun engem Verkafsakt fir Terrainen zu Minsbech, Sektioun B vu Minsbech, Lieu-dit „Auf dem Langenfeld"

De Gemengerot stëmmt eestëmmeg engem Verkafsakt zou, deen tëscht dem Schäfferot an dem Här Nicolas Joseph BERTRAND ënnerschriwwe gouf.

Mat dësem Akt verkeeft den Här Nicolas Joseph BERTRAND un d'Gemeng Schëtter e Grondstéck, dat am Kadaster wéi follegt agedroen ass:

Sektioun	B vu Minsbech
Kadaster-nummer	1076/3969
Lieu-dit	Auf dem Langenfeld
Natur	Akerland
Fläch	23,80 Ar

Doriwwer eraus gouf de Verkaf vun deenen zwou Parteien zu engem Präis vun 1.047.200,00€ vereinbaart an ugeholl.

Schlussendlech geschitt d'Acquisitioun vum Terrain am Interessi vum ëffentlechen Notzen, nämlech fir déi zukünfteg Erweiderung vum Schoul-, Kultur- a Sportcampus an/oder fir den Amenagement vu bezuelbare Wunnengen.

2. GEMENGE-REGLEMENTER

2.1. Confirmatioun vun enger Modificatioun urgente vum kommunale Verkéiersreglement

Wéinst Aarbechten, déi vun de Gesellschafte POST a CREOS op engem Deel vum Chemin repris CR132, Éiterstrooss zu Schraasseg, duerchgefouert goufen, konnt wéinst der Aschränkung duerch déi normal a komplett Prozedur net garantéiert ginn, datt d'Aarbechten an de virgesinnen Delaie konnten ufänken.

Dofir huet de Schäffe-rot den 20. Mee 2026 eng Modification urgente vum kommu-nale Verkéiersreglement approuvéiert.

Vum 20. Mee 2026 bis den 31. Juli 2026 inclus gëtt de Verkéier an der Éiter Strooss zu Schraasseg wéi follegt gereegelt:

- **Ugewannt Verkéiersreegelung:** D'Schëld A,4b weist eng Verengung vun der Fuerbunn op enger Säit un.

  Betraffene Stroossenofschnëtt: Tëscht dem Agangsschëld vun der Uertschaft an dem Haus Nr. 44 (op der gerueder Säit vun der Strooss)

  Verkéiersschëld:



- **Ugewannt Verkéiersreegelung:** A, 16a – Signalisation lumineuse | Ukënnegung vun engem Stroossenofschnëtt, wou de Verkéier duerch faarweg Liichtsignaler gereegelt gëtt.

  Betraffene Stroossenofschnëtt: Tëscht dem Agangsschëld vun der Uertschaft an dem Haus Nr. 44 (op der gerueder Säit vun der Strooss)

  Verkéiersschëld:



De Gemengerot con-firméiert dono ee-stëmmeg dës Modi-fication urgente vum kommunale Verkéiers-reglement.

3. SCHRËFTLECH FROE VUN DE CONSEILLEREN

Keng.

4. FROEN AUS DEM PUBLIC

Keng.

SËTZUNG VUM GEMENGEROT

24.06.2026

PRESENT:

Claude Marson,
Buergermeeschter

Serge Eicher, Conny Ney,
Schäffen

Jean-Marie Altmann, Nora Forgiarini, Andrew Kiser, Annemarie Nagel, Jules Sauber, Serge Thein, Paul Theisen, Nicolas Welsch,
Conseilleren

Alain Dohn,
Gemengesekretär

Fannt déi ganz Sëtzung vum Gemengerot op eisem Youtube-Kanal.

@Gemeng_Schetter

YouTube

De Buergermeeschter Claude MARSON heescht jiddereen häerzlech wëllkomm zu der 7. Sëtzung vum Gemengerot am Joer 2026.

Dowéinst informéiert de Buergermeeschter, datt déi ëffentlech Ofstëmmung vun dëser Sëtzung mat der Schäffin Conny NEY ufänkt.

Am Kader vun den Evenementer, déi an der leschter Zäit stattfonnt hunn, wëll de Buergermeeschter besonnesch op déi follgend Evenementer an Informatiounen agoen:

Nuit du Sport

D'Nuit du Sport, déi e Samschdeg, de 6. Juni 2026 am ganze Land an domat och an der Gemeng Schëtter organiséiert gouf, war nees e grousse Succès.

Wéi all Joer goufen eng Rei Aktivitéite fir Grouss a Kleng ugebueden, esou datt fir all Goût eppes dobäi war. De Schäfferot freet sech, un dëser schéiner nationaler Initiativ deelgeholl ze hunn an esou zu engem weidere sportlechen a gesellegen Treffe fir d'Biergerinnen a Bierger bäigedroen ze hunn.

Bei dëser Geleeënheet wëll de Buergermeeschter der Sport- a Fräizäitkommissioun e ganz besonnesche Merci ausdrécke fir d'Organisatioun an déi gutt Virbereedung vun dësem Evenement. Mat der Ënnerstëtzung vum Gemengenatelier konnt och neit Material hiergestallt ginn, notamment Rampe fir de Vëlosparcours. Doduerch konnt bei dëser Nuit du Sport en nach méi ofwiesslungsräiche Programm ugebuede ginn.

Fir elo scho Loscht op déi nächst Editioun ze maachen, hei eng Iwwersiicht vun de Sportaarten, déi entdeckt a praktizéiert konnte ginn: Kampfsport, Badminton, Cricket, Pétanque, Fechten, Bouschéissen, Futtball, Pickleball (Nei), Volleyball, CrossFit, Rhythmesch Gymnastik, Outdoor-Fitness, Vëlosparcours, Hindernisparcours.

De Buergermeeschter wëll och de Veräiner Merci soen, déi sech ëm d'Restauratioun gekëmmert hunn.

Fête de la Musique

En anert grousst Evenement op nationalem Niveau war d'Fête de la Musique, déi e Sonndeg, de 14. Juni, vun 11.00 Auer moies bis 21.30 Auer owes am grousse Festzelt um Schoulcampus zu Minsbech stattfonnt huet.

Déi follgend Gruppen a Kënschtler haten d'Geleeënheet opzetrieden: Schëtter Jongbléiser, verschidden Ensembelen aus der UGDA-Musekschoul, Schëtter Gesank, Fielser Mini Musek, Hip-Hop Dance, Tango, Schëtter Musek zesumme mat der Fanfare vu Sandweiler, Schëtter 5 eraus, Big Band Spectrum.

De Buergermeeschter riicht säi grousse Merci un all d'Museker a Kënschtler fir hir Optrëtter, déi wesentlech zum Succès vun dësem kulturellen Dag bäigedroen hunn.

Hie seet och all de Veräiner villmools Merci, déi fir d'Iessen an d'Gedrénks gesuergt hunn.

Schlussendlech geet e besonnesche Merci un d'Kulturkommissioun fir d'Organisatioun vun dësem flotten Evenement.

Nationalfeierdag

Méi rezent huet d'Gemeng Nationalfeierdag gefeiert.

Wéinst den extreem héijen Temperaturen an der rouder Warnstuf huet de Schäfferot schonn e Méindeg de Moien decidéiert, d'Organisatioun un d'Wiederkonditiounen unzepassen. De Cortège gouf dofir vun der Kiercheplaz op de Campus verluecht, an déi concernéiert Persoune goufen nom Te Deum mam Bus op de Campus bruecht. D'Feierlechkeete sinn duerno mat der offizieller Usprooch, der Iwwerreechung vun de Medailen a Spéngelen an engem flotte Volleksfest weidergaangen.

De Buergermeeschter riicht e ganz besonnesche Merci un déi aacht Länner, déi am Kader vum „Schëtter Kulinaria" vertruede waren. D'Qualitéit vun de Platen ass vill gelueft ginn, genee esou wéi den Asaz vun alle bedeelegte Veräiner an de Gesanks- a Museksensembelen, déi fir de musikalesche Kader vun der Feier gesuergt hunn.

De Schäfferot seet och de Gemengeservicer, der Conciergerie, dem Service Relations Publiques souwéi dem Gemengenatelier Merci fir hiren Asaz an déi vill Zäit, déi si an d'Organisatioun vun dësem Dag investéiert hunn. Den Nationalfeierdag ass am Laf vun de Joren zu enger richteger Grossveranstaltung vun der Gemeng ginn, déi vill Ressourcen an eng ëmfaassend Koordinatioun erfuerdert, fir e gudden Oflaf ze garantéieren.

Schlussendlech geet e Merci un d'Schoulkanner fir de flotte Video, deen am Kader vum Empfang virun de Feierlechkeete realiséiert gouf, souwéi un d'Schëtter Jugendhaus fir säi wäertvolle Bäitrag.

Trotz der grousser Hëtzt war dëst Fest nees e grousse Succès an huet vill Awunnerinnen an Awunner bei engem gesellegen a feierleche Moment zesummebruecht, am Zeeche vun eiser Gemeinschaft an eiser Gemeng.

Eventblock
(Zukünfteg Evenementer)

Déi zukünfteg Evenementer kënnen an der Rubrik „Eventblock" op der Internetsäit vun der Gemeng consultéiert ginn.

Kaméidi um Fluchhafen

Awunner hu sech iwwer d'Hierkonft vu Knallgeräicher gefrot, déi an der Géigend vum Fluchhafe méi dacks ze héiere sinn an net vum Schéissstand hierkommen.

No den duerchgefouerten Enquêten huet sech erausgestallt, datt lux-Airport zënter dem leschte Joer eng Autorisatioun huet, fir bis zu engem Hues pro Nuecht ofzeschéissen.

Ausserdeem ass lux-Airport och autoriséiert, Ofschreckungsanlagen op Gasbasis anzesetzen, fir Villercher ewechzehalen.

SMS2Citizen

Wéi schonn ugekënnegt, gëtt de System SMS2-Citizen net méi benotzt, fir Messagen am Zesummenhang mat de Gemengerotssëtzungen ze verschécken.

Dës Bestëmmung trëtt mat der Gemengerotssëtzung vum 15. Juli a Kraaft. Dëse Service wäert zukünfteg ausschliisslech fir Noutsituatioune virgesi sinn.

Nächst Gemengerotssëtzungen

D'Gemengerotssëtzunge fir dat zweet Semester si wéi follegt festgeluecht:

- Mëttwoch, den 30. September um 17.00 Auer
- Mëttwoch, den 28. Oktober um 17.00 Auer
- Mëttwoch, de 25. November um 17.00 Auer
- Mëttwoch, den 9. Dezember um 17.00 Auer

Déi integral Presentatioun kann hei consultéiert ginn.

1. URBANISMUS AN URBAN ENTWÉCKLUNG

1.1. Approbatioun vun engem Projet de modification ponctuelle vun der Partie graphique (BEP-Zon) an der Partie écrite (Artikel 17) vum Plan d'aménagement général vun der Gemeng Schëtter

Den 28. Januar 2026 hat de Gemengerot eng positiv Stellungnam zu enger Modification ponctuelle vum Plan d'aménagement général vun der Gemeng Schëtter ofginn.

Nodeems d'Publikatiounsprozedur, déi am geännerte Gesetz vum 19. Juli 2004 fir

d'Gemengeplanung an d'urban Entwécklung virgesinn ass, duerchgefouert gouf, an op Basis vum favorabelen Avis vun der Commission d'aménagement vum Inneministère, decidéiert de Gemengerot mat 8 Stëmmen (DP, LSAP, Déi Gréng) géint 3 Stëmmen (Schëtter Bierger), de Projet de modification ponctuelle vun der Partie graphique (BEP-Zon) an der Partie écrite (Artikel 17) vum Plan d'aménagement général vun der Gemeng Schëtter ze approuvéieren.

Déi punktuell Ännerung huet als Zil:

- Eng Upassung vun der Partie graphique fir d'Zonéierung an d'Reglementatioun iwwert Parkplazen, notamment d'Ëmklasséierung vu verschiddene Parzellen aus der Zone mixte villageoise (MIX-v) an d'Zon fir ëffentlech Gebaier an Equipementer (BEP), fir d'Realisatioun vun zwee ëffentleche Projeten innerhalb vum Tissu bâti existant z'erméiglechen: d'Gebai vum Jugendhaus an der Rue Principale an e Gebai an der Rue du Château;
- D'Iwweraarbechtung vum Artikel 17 vun der Partie écrite „Emplacements de stationnement", fir déi maximal a minimal Unzuel u Parkplazen ze präziséieren, déi op Flächen an der BEP-Zon unzewende sinn.

1.2. Adoptioun vun engem Projet de modification ponctuelle vum Plan d'aménagement quartier existant vun der Gemeng Schëtter

Den 23. Februar 2026 huet de Schäfferot decidéiert, e Projet de modification ponctuelle vum Plan d'aménagement particulier quartier existant vun der Gemeng Schëtter an d'Prozedur anzebréngen, konform mam geännerte Gesetz vum 19. Juli 2004 fir d'Gemengeplanung an d'urban Entwécklung.

Op Basis vum favorabelen Avis vun der Commission d'aménagement vum Inneministère, decidéiert de Gemengerot mat 8 Stëmmen (DP, LSAP, Déi Gréng) géint 3 Stëmmen (Schëtter Bierger), de Projet de modification ponctuelle vum Plan d'aménagement quartier existant vun der Gemeng Schëtter ze approuvéieren.

D'Modification ponctuelle huet als Zil:

- D'Upassung vun der Partie graphique vum PAP-QE, an där eng Reklasséierung vu Parzellen aus der Zone mixte villageoise (MIX-v) an d'Zon fir Bâtiments an équipements publics (BEP) am Quartier existant virkënnt an domat de jeeweilegen Dispositiounen ënnerläit. Déi betraffe Parzelle si wéi follegt klasséiert:

Sektioun	B vu Minsbech
Kadasternummer	1195/3507
Lieu-dit	119, Rue Principale
Affektatioun am aktuell gëltege PAP-QE	MIX-v b III 6L
Fläch	526,6 m²

Sektioun	B vu Minsbech
Kadaster-nummer	1052/3257
Lieu-dit	Rue du Château
Affektatioun am aktuell gëltege PAP-QE	MIX-v a II 4L
Fläch	215,3 m²

- D'Ergänzung vun engem zousätzlechen Artikel an der Partie écrite vum PAP-QE: Artikel 29ter.

1.3. Approbatioun vun enger Demande fir en Terrainsmorcellement am Sënn vum Artikel 29 vum ofgeännerte Gesetz vum 19. Juli 2004 iwwer Gemengeplanung an d'urban Entwécklung – Minsbech, Lieu-dit „Auf dem Landtrausch"

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, de Morcellementsprojet, opgestallt vum Büro BEST G.O. s.à r.l. vum Sennengerbierg am Numm a fir de Compte vun de Gemengeverwaltungen Niddéraanwen a Schëtter, fir Terrainen zu Minsbech, Lieu-dit „Auf dem Landtrausch", ze approuvéieren.

Dëse Morcellement gouf am Hibléck op d'Realisatioun vum neie Ressourcenzenter „Re Zenter" vum interkommunale Syndikat SIAS souwéi vum Centre d'incendie et de secours CIS Niddéraanwen-Schëtter fir de CGDIS gemaach.

1.4. Entscheedung iwwer de Reklassement vun zwee Terrainen aus dem Domaine privé an den Domaine public vun der Gemeng zu Schëtter, Sektioun Minsbech, Lieu-dit „Auf dem Landtrausch"

No der Genee-megung vum Morcellementsprojet ënner Punkt 1.3. vun der Dagesuerdnung, decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, zwee Terrainen, déi zum Domaine privé vun der Gemeng Schëtter gehéieren, an den Domaine public ëmzeklasséieren, fir se an déi ëffentlech Stroosseninfrastruktur z'integréieren.

2. GEMENGE-FINANZEN

2.1. Approbatioun vum Stand vun de Recetten, déi beim Ofschloss vum Budgetsexercice 2025 nach ze recouvréiere bleiwen

De 17. Juni 2026 huet de Gemengereceveur de Stand vun de Recetten, déi beim Ofschloss vum Budgetsexercice 2025 nach ze recouvréiere bleiwen, opgestallt. Nodeems de Gemengerot d'Bemierkunge vu verschiddene Conseilleren nogelauschtert huet, decidéiert dësen eestëmmeg:

- Unzehuelen

		SERVICE ORDINAIRE	SERVICE EXTRAORDINAIRE
als Reprises provisoires	34.677,51€	34.677,51€	
als Dechargen	1.454,20€	450,32€	1.003,88€
Total	36.131,71€	35.127,83€	1.003,88€

- Dem Schäfferot, falls néideg, d'Erlabnis ze ginn, géint Scholdner de Geriichtswee anzeschloen.

2.2. Festleeë vun den Taux multiplicateurs vun der Grondsteier fir d'Joer 2027

De Schäfferot proposéiert, fir d'Steierjoer 2027 d'Taux multiplicateurs vun der Grondsteier unzepassen. Dës Propositioun geschitt am Kontext vun änlechen Entwécklungen, déi an de leschte Joren an den Nopeschgemenge festgestallt goufen.

D'Upassung betrëfft e puer Kategorië vun Immobilien (A, B2 bis B6) a soll zu enger méi gerechter Grondbesteierung bäidroen, eng méi effizient Notzung vun den disponibelen Terrainen encouragéieren an d'Zeréckhale vu bebaubare Flächen, déi net genotzt ginn, ze limitéieren.

Dowéinst decidéiert de Gemengerot mat 8 Stëmmen (DP, LSAP, Déi Gréng) géint 3 Stëmmen (Schëtter Bierger), d'Taux multiplicateurs vun der Grondsteier fir d'Steierjoer 2027 wéi follegt festzeleeën:

Grondsteier A	300%
Grondsteier B1	600%
Grondsteier B2	300%
Grondsteier B3	300%
Grondsteier B4	200%
Grondsteier B5	300%
Grondsteier B6	900%

2.3. Festleeë vun den Taux multiplicateurs vun der Gewerbesteier fir d'Steierjoer 2027

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, den Taux multiplicateur vun der Gewerbesteier onverännert bäizebehalen an e fir d'Steierjoer 2027 op 225% festzeleeën.

2.4. Inscriptioun vun engem zousätzleche Kredit am extraordinäre Budget 2026 fir „Kommunal finanziell Hëllefen am Beräich vun der nohalteger Entwécklung an der Upassung un de Klimawandel"

Den 30. Abrëll 2025 huet de Gemengerot e Reglement iwwert d'Vergab vu kommunale finanziellen Hëllefen am Beräich vun der nohaltegerEntwécklung an der Upassung un de Klimawandel gestëmmt.

Et gouf eng däitlech Hausse vun de Subventiounsufroe festgestallt, déi vu Privatpersounen agereecht goufen, besonnesch fir Installatiounen, déi e rationellen Energieverbrauch an de Gebrauch vun erneierbaren Energien ënnerstëtzen, wéi beispillsweis Photovoltaikanlagen.

De Schäfferot liwwert déi follgend Erklärungen zur Reduktioun respektiv Erhéijung vun de Budgetskreditter bei den extraordinären Ausgaben am Budget vum Exercice 2026.

An dësem Kontext ass eng Upassung vun de Budgetskreditter am extraordinäre Budget 2026 néideg. Verschidden Infrastrukturprojete ginn ausserdeem ëmgeplangt,wellseeréischt géint Enn vum lafende Joer gestart ginn, wat eng Ëmverdeelung vun de finanzielle Mëttelen erlaabt.

Als Konsequenz decidéiert de Gemengerot eestëmmeg:

- D'Aschreiwung vun engem zousätzleche Kredit vu 700.000,00€ am extraordinäre Budget 2026 ënner dem Artikel 4/532/240000/99001, mam Libellé „Kommunal finanziell Hëllefen am Beräich vun der nohalteger Entwécklung an der Upassung un de Klimawandel", ze approuvéieren;

- De Kredit am extraordinäre Budget 2026 ënner 4/250/221312/24002, mam Libellé „Energetesch Sanéierung a Renovatioun vum Jugendhaus", ëm 500.000,00€ ze reduzéieren;

- De Kredit am extraordinäre Budget 2026 ënner 4/320/221312/23013, mam Libellé „Sanéierung an Instandsetzung vum Gebai (fréier Kooperativ) vun der Amicale vun de Pompjeeën an der Rue du Château", ëm 500.000,00€ ze reduzéieren.

2.5. Approbatioun vun enger Konventioun iwwer d'Finanzéierungs- a Bezuelungsmodalitéite vum Bauprojet „Neie Scoutschalet" op der Kierchplaz zu Schëtter

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, eng Konventioun iwwer déi finanziell Bedeelegung vum Staat um Bauprojet „Neie Scoutschalet" op der Kiercheplaz zu Schëtter ze approuvéieren.

De Staat engagéiert sech domat fir eng finanziell Participatioun vu 50% vum maximal zougeloossenen Investitiounsbetrag vun 3.000.000,00€ inklusiv TVA, dat heescht eng maximal Bedeelegung vun 1.500.000,00€ inklusiv TVA, inklusiv agebaute Miwwelen.

3. KONVENTIOUNEN, NOTARIELL AKTEN, COMPROMIS AN DROIT DE PRÉEMPTION

3.1. Approbatioun vun enger Konventioun mat der Proprietärin vum Café de la Gare zu Minsbech am Kader vum Amenagement vun enger 30er Zon an der Rue Principale zu Minsbech

Am Kader vum Amenagement vun enger 30er Zon an der Rue Principale zu Minsbech ass och virgesinn, d'Ëmgéigend vum Gebai Café de la Gare nei ze amenagéieren, fir se

besser un déi duuss Mobilitéit unzepassen.

An deem Zesummenhang huet de Schäfferot eng Konventioun mat der Proprietärin vum Café de la Gare ënnerschriwwen, duerch déi dës der Gemeng erlaabt:

- D'Parkplaze virum Gebai ewechzehuelen, fir do eng Terrass fir de Café ze amenagéieren;

- En Trottoir laanscht d'Rue Principale an eng Dréikéier op der Kräizung vun der Haaptstrooss mam Zoufaartswee op de Schoulcampus unzeleeën;

- Déi an der Konventioun méi detailléiert beschriwwe Flächen un d'Gemeng ofzetrieden, fir déi hei uewendriwwer genannten Amenagementer kënnen auszeféieren.

Dowéinst decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, déi genannte Konventioun ze approuvéieren.

3.2. Approbatioun vun engem Contrat de mise à disposition et d'utilisation vun engem Logement zu Schraasseg, Lieu-dit „beim Fuussebur"

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, e Vertrag iwwer d'Mise à disposition vun engem Haus zu Schrasseg, um Fuussebur, fir d'Dauer vum 1. Juli 2026 bis den 30. Juni 2027 unzehuelen.

No der Echeance hält dëse Vertrag automatesch op ouni datt eng Kënnegung oder e Preavis néideg ass.

4. SOZIAL AN INTERKULTURELL UGELEEËNHEETEN AN DRËTTEN ALTER

4.1. Nominatioun vun engem Member an d'Kommissioun fir d'Famill, Drëtten Alter a soziaalt Uleies

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, d'Madamm Anna VANDIVINIT-YESTUSHENKO op eng vun den zwou fräie Plazen an der Kommissioun fir d'Famill, Drëtten Alter a soziaalt Uleies ze nennen.

5. KONZESSIOUNEN UM GEMENGEKIERFECHT

5.1. Approbatioun vun zwee Konzessiounsverträg um Gemengekierfecht

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, zwee Konzessiounsverträg unzehuelen.

6. SCHRËFTLECH FROE VUN DE CONSEILLEREN

Keng.

7. FROEN AUS DEM PUBLIC

Keng.

SËTZUNG VUM GEMENGEROT

15.07.2026

PRESENT:

Claude Marson,
Buergermeeschter

Serge Eicher, Conny Ney,
Schäffen

Jean-Marie Altmann, Nora Forgiarini, Andrew Kiser, Annemarie Nagel, Serge Thein, Paul Theisen, ***Conseilleren***

Alain Dohn,
Gemengesekretär

ENTSCHËLLEGT:

Jules Sauber, Nicolas Welsch,
Conseilleren

PROCURATIOUN:

Nicolas Welsch ▸ Serge Eicher
Jules Sauber ▸ Serge Thein

Fannt déi ganz Sëtzung vum Gemengerot op eisem Youtube-Kanal.

@Gemeng_Schetter

YouTube

De Buergermeeschter Claude MARSON heescht jiddereen häerzlech wëllkomm zu der 8. Sëtzung vum Gemengerot am Joer 2026.

Den Här Buergermeeschter entschëllegt als éischt d'Conseillere Jules SAUBER an Nicolas WELSCH. Hien informéiert, datt den Här Jules SAUBER dem Här Serge THEIN eng Procuratioun ginn huet, fir a sengem Numm ofzestëmmen, an datt den Här Nicolas WELSCH dem Här Serge EICHER eng Procuratioun ginn huet, fir a sengem Numm ofzestëmmen.

Doniewent informéiert de Buergermeeschter, datt déi ëffentlech Ofstëmmung vun dëser Sëtzung mat der Schäffin Conny NEY ufänkt.

Duerno wëll den Här Buergermeeschter am Kader vun de vergaangene Manifestatioune besonnesch op déi follgend Evenementer an Informatiounen hiweisen:

- Owend mat den Astronaute Julie PAYETTE, Mike FOREMAN an Dumitru Dorin PRUNARIU;
- Aweiung vun der neier Buvette mat Formatiounssall „Op der Bissemt";
- Eventblock (Kommend Evenementer): Déi kommend Evenementer kënnen an der Rubrik „Eventblock" op der Internetsäit vun der Gemeng nogekuckt ginn.

Déi integral Presentatioun kann hei consultéiert ginn.

1. GEMENGEN-INFRASTRUKTUREN

1.1. Approbatioun vun engem Devis fir den Amenagement vun enger Aire de rencontre – Entrée Schlassgewan

Fir d'Liewensqualitéit am Beräich vum Quartier Schlassgewan zu Schraasseg weider ze verbesseren, gesäit d'Gemeng den Amenagement vun enger neier Aire de rencontre an der Entrée vum Lotissement vir. De Projet gouf op Basis vum Austausch mat den Awunner am Kader vun enger Biergerbedeelegung ausgeschafft a soll en agreabelen ëffentleche Raum schafen, dee Begéinungen, Zesummeliewen an d'Liewen am Quartier fërdert.

De Projet gouf vum Landschaftsarchitekturbüro MDL SARL ausgeschafft. Den Devis beleeft sech op 200.000,00€.

Dofir decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, d'Pläng an den Devis fir den Amenagement vun der Aire de rencontre „Äppelwee" an der Entrée vum Lotissement „Schlassgewan" zu Schraasseg fir e Gesamtbetrag vun 200.000,00€ ze approuvéieren.

1.2. Approbatioun vun engem Devis fir den Amenagement vun engem provisoresche Sall „Place de l'Église" zu Schëtter, 102, Rue Principale

Am Kader vum Bauprojet fir déi nei Lokalitéite vum Club des Jeunes zu Schëtter gesäit d'Gemeng den Amenagement vun engem provisoresche Sall vir, fir d'Kontinuitéit vun den Aktivitéite vum Veräin wärend der ganzer Bauzäit sécherzestellen. Dës lwwergangsléisung gëtt an engem Sall vun engem Gemengegebai op der Adress 102, Rue Principale zu Schëtter ageriicht. De Sall kritt den Numm „Place de l'Église".

Den Devis, opgestallt vum Service Technique, beleeft sech op insgesamt 70.000,00€ inklusiv TVA.

Dofir decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, den Devis vum 8. Juli 2026 fir den Amenagement vun dësem provisoresche Sall ze approuvéieren.

1.3. Approbatioun vum Plang an dem Devis fir d'Mise en place vun enger Aire de dispersion um Kierfecht vu Schëtter

Am Kader vun der Verbesserung an der Moderniséierung vum Kierfecht vu Schëtter gesäit d'Gemeng d'Mise en place vun enger Aire de dispersion vir, fir de Besoine vun de Familljen entgéintzekommen, déi dës Form vun der Äschebestattung wëllen notzen. Dës nei Ariichtung ass Deel vum globale Projet fir d'Erweiderung an d'Opwäertung vum Gemengekierfecht.

De Plang, ausgeschafft vum Urbanismusan Architekturatelier Andrea Weier, souwéi den Devis vum Service Technique gesinn eng Investitioun vu 50.000,00€ inklusiv TVA vir.

Dofir decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, de Plang an den Devis estimatif fir den Amenagement vun enger Aire de dispersion um Kierfecht vu Schëtter ze approuvéieren.

2. GEMENGE-FINANZEN

2.1. Allocatioun vun engem Don fir d'Realisatioun vun engem Kuerzfilm

D'Gemeng Schëtter ënnerstëtzt d'Realisatioun vum Fiktiounskuerzfilm „Cruise Me, Cruise Me Babe" vum Här Jules WAX, Awunner vun der Gemeng Schëtter, bei deem verschidde Sequenzen um Territoire vun der Gemeng gedréint ginn. Dëse kënschtleresche Projet dréit zur Promotioun vum lokale Patrimoine an zur Opwäertung vum Liewenskader an der Gemeng bäi, besonnesch am Ëmfeld vun der Place de l'Église.

Fir dës kulturell Initiativ z'ënnerstëtzen, proposéiert de Schäfferot den Octroi vun engem aussergewéinlechen Don vu 500,00€.

Dofir decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, dëse finanzielle Bäitrag un den Här Jules WAX fir d'Realisatioun vum Kuerzfilm „Cruise Me, Cruise Me Babe" ze accordéieren.

2.2. Allocatioun vum Don, deen um Nationalfeierdag 2026 gesammelt gouf, u verschidde karitativ Associatiounen

Um Nationalfeierdag, deen den 23. Juni 2026 um Campus „an der Dällt" zu Minsbech stattfonnt huet, hunn Awunner vu verschiddenen Nationalitéiten aus der Gemeng kulinaresch Spezialitéiten ugebueden. Dobäi gouf e Betrag vu 7.460,00€ gesammelt.

Dofir decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, de gesammelte Betrag zu gläichen Deeler un Associatiounen ze verdeelen, déi vun de Bierger vu verschiddenen Nationalitéite virgeschloe goufen, nämlech:

- AryaLux a.s.b.l.
- Luxembourg Allergy Network a.s.b.l.
- Schëtter hëlleft a.s.b.l.
- ELA Luxembourg a.s.b.l.

2.3. Entscheedung fir d'Allocatioun vun Akafsbongen

Am Kader vun de gréisseren Aarbechten am Zesummenhang mat der Realisatioun vun enger Zon 30 laanscht de Schoul-, Kultur- a Sportcampus „an der Dällt" souwéi dem Reamenagement vun der Rue Principale zu Minsbech setzt d'Gemeng Ënnerstëtzungsmoossname fir déi lokal Acteuren ëm, déi direkt vun de Chantiere betraff sinn.

Am Hibléck op déi viraussiichtlech Dauer vun den Aarbechten an hir Auswierkungen op d'Awunner an d'Geschäfter am betraffene Beräich wëll d'Gemeng dozou bäidroen, d'Attraktivitéit vum Zentrum vu Minsbech ze erhalen an déi lokal Wirtschaft z'ënnerstëtzen.

Dofir ginn Akafsbongen am Wäert vun 30€ bei verschiddene Geleeënheete verdeelt, ënner anerem bei der Zeremonie vun de Sportleréierungen. Dës Bonge si bei den Horeca-Betriber valabel, déi direkt am Chantiersberäich leien.

Dofir decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, Akafsbongen ze accordéieren, fir d'Horeca-Betriber z'ënnerstëtzen, déi direkt vun de Reamenagementsaarbechten an der Rue Principale zu Minsbech betraff sinn.

2.4. Approbatioun vum Compte de gestion fir den Exercice 2024

Nom Kontrollrapport iwwer d'Keess vum Gemengereceveur an de Bemierkunge vum Departement fir d'Kontroll vun der Gemengecomptabilitéit vum 13. Abrëll 2026 an nodeems Kenntnis vun den Erklärunge geholl gouf, déi de Gemengereceveur a senger Stellungnam vum 20. Mee 2026 ofginn huet, decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, de Compte de gestion fir den Exercice 2024 ze approuvéieren.

2.5. Approbatioun vum Compte administratif fir den Exercice 2024

Nom Kontrollrapport iwwer de Compte administratif vum Exercice 2024 an de Bemierkunge vum Departement fir d'Kontroll vun der Gemengecomptabilitéit vum 13. Abrëll 2026 an nodeems Kenntnis vun den Erklärunge geholl gouf, déi de Schäfferot a senger Stellungnam vum 20. Mee 2026 ofginn huet, decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, de Compte administratif fir den Exercice 2024 ze approuvéieren:

Boni vum Kont 2023	15.434.320,69€
Ordinär Recetten	27.628.130,28€
Ausseruerdentlech Recetten	2.957.947,65€
Total vun de Recetten	46.020.398,62€
Mali vum Kont 2023	0,00€
Ordinär Depensen	19.442.085,73€
Ausseruerdentlech Depensen	9.300.675,18€
Total vun den Depensen	28.742.760,91€
Boni 2024	17.277.637,71€

2.6. Approbatioun vun den Titres de recettes vum Exercice 2025

D'Recettedeklaratioune, mussen duerch de Gemengerot approuvéiert ginn, ausser wa se op enger Decisioun vum Gemengerot baséieren.

Dofir decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, d'Titres de recettes vum Exercice budgétaire 2025 ze approuvéieren, déi dem administrative Kont bäigefüügt ginn, fir bei der Ofrechnung duerch déi zoustänneg Autorité supérieure als Beweisdokument fir déi ageschriwwe Recetten ze déngen.

Den Detail vun dëser Decisioun ka beim Gemengesekretariat ugefrot ginn.

2.7. Presentatioun vun der Aktualiséierung vum Plan pluriannuel de financement 2026-2031

D'Membere vum Gemengerot huele Kenntnis vun der Aktualiséierung vum Plan pluriannuel de financement fir d'Period 2026 bis 2031, deen eng global Iwwersiicht iwwer d'Engagementer an d'finanziell Mëttele gëtt.

Dank enger virsiichteger Budgetspolitik an enger verantwortungsvoller Gestioun vun den ëffentleche Gelder geet aus dësem Finanzéierungsplang ervir, datt d'Gemeng iwwer déi néideg Finanzéierungsmëttele verfüügt, fir déi geplangte grouss Projeten ëmzesetzen, dorënner besonnesch „Neien Duerfkär Schëtter", nei Schoulinfrastrukturen an de multifunktionelle Komplex mat CGDIS a Ressourcenzenter zu Minsbech.

3. KONVENTIOUNEN A KONTRAKTER

3.1. Approbatioun vun enger Konventioun mat der Association sans but lucratif Solina Aarbechtshëllef am Kader vu Bëschaarbechten an dem Ënnerhalt vun natierleche Flächen

Am Kader vun hirer Politik fir eng nohalteg Gestioun vun den natierleche Fläche verstäerkt d'Gemeng Schëtter hiren Engagement fir den Ënnerhalt an de Schutz vun hire Bëschflächen. Als Proprietär vun 226 Hektar Bësch suergt d'Gemeng fir eng verantwortungsvoll Gestioun vun hirem natierleche Patrimoine.

Fir d'Forstaarbechten an den Ënnerhalt vun de gemengeneegenen natierleche Flächenzegarantéieren, gouf eng Konventioun mat der Associatioun Solina Aarbechtshëllef asbl ofgeschloss. Dës Zesummenaarbecht betrëfft ënner anerem den Entretien vun de Bëscher, d'Gestioun vun de Bëschränner, den Ënnerhalt vu Weeër an Trëppelweeër souwéi d'ekologesch Opwäertung vun de Bëschgebidder. D'Zesummenaarbecht huet och eng wichteg sozial Dimensioun duerch d'Missioun vun der berufflecher Integratioun, déi d'Associatioun verfollegt.

Dofir decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, d'Konventioun mat Solina Aarbechtshëllef asbl fir d'Bëschaarbechten an den Ënnerhalt vun de gemengeneegenen Naturflächen ze approuvéieren.

3.2. Approbatioun vun engem Contrat de bail à usage d'habitation fir en Appartement (1. Stack) zu Schëtter, 10, Place de l'Église

Am Kader vum Kaf vum Gebai op der Adress 10, Place de l'Église zu Schëtter iwwerhëlt d'Gemeng déi bestoend Locatiouns-kontrakter.

Dofir decidéiert de Gemengerot ee-stëmmeg, de Contrat de bail à usage d'habi-tation fir d'Appartement um éischte Stack vum genannte Gebai ze approuvéieren.

3.3. Approbatioun vun engem Contrat de bail à usage d'habitation fir e Studio (1. Stack) zu Schëtter, 10, Place de l'Église

Am Kader vum Kaf vum Gebai op der Adress 10, Place de l'Église zu Schëtter iwwerhëlt d'Gemeng déi bestoend Locatiouns-kontrakter.

Dofir decidéiert de Gemengerot ee-stëmmeg, de Contrat de bail à usage d'habi-tation fir e Studio um éischte Stack vum genannte Gebai ze approuvéieren.

3.4. Approbatioun vun engem Contrat de bail à usage d'habitation fir en Appartement (2. Stack) zu Schëtter, 10, Place de l'Église

Am Kader vum Kaf vum Gebai op der Adress 10, Place de l'Église zu Schëtter iwwerhëlt d'Gemeng déi bestoend Locatiouns-kontrakter.

Dofir decidéiert de Gemengerot ee-stëmmeg, de Contrat de bail à usage d'habi-tation fir d'Appartement um zweete Stack vum genannte Gebai ze approuvéieren.

3.5. Approbatioun vun enger Convention de Bail fir d'Exploitatioun vum Café „Schëtter Stuff" zu Schëtter, 10, Place de l'Église

Am Kader vum Kaf vum Gebai op der Adress 10, Place de l'Église zu Schëtter iwwerhëlt d'Gemeng déi bestoend Locatiouns-kontrakter, dorënner och dee fir d'Exploitatioun vum Café „Schëtter Stuff".

Fir d'Kontinuitéit vun dëser Aktivitéit am Häerz vun der Uert-schaft sécherzestellen, huet de Schäfferot mat der Gesellschaft Ecke Golden s.à r.l. e kommerzielle Locatiouns-vertrag fir d'Exploitatioun vun de Lokalitéite vum Café ofgeschloss. De Bail bezitt sech op d'Raimlechkeeten, déi fir de Betrib vum Etablissement néideg sinn, souwéi op déi domat verbonnen Ausschankkonzessioun (Concession de cabaretage).

Den Här Buerger-meeschter präziséiert, datt den Erhalt vun dësem Etablissement dozou bäidréit, ee Raum fir Treffen a Convivialitéit ze preservéieren, deen e wichtegen Deel vum lokale gesellschaftleche Liewen ausmécht.

Dofir decidéiert de Gemengerot ee-stëmmeg, de kommer-zielle Locatiounsvertrag mat der Gesellschaft Ecke Golden s.à r.l. fir d'Exploitatioun vum Café „Schëtter Stuff" op der Adress 10, Place de l'Église zu Schëtter ze approuvéieren.

4. BUDGET

4.1. Kreatioun vun engem neie Budgetsartikel fir den Amenagement vun engem provisoresche Sall „Place de l'Église" zu Schëtter, 102, Rue Principale

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, am Budget extraordinaire 2026 en neien Artikel 4/890/221312/26004 „Amenagement d'une salle provisoire "Place de l'Église" à Schuttrange, 102, Rue Principale" mat engem Kredit vu 70.000,00€ anzeschreiwen.

De betreffende Kredit ass disponibel, well de Boni vum Budget 2026 sech op 778.840,94€ beleeft an den effektiv realiséierte Boni vum Rechnungsjoer 2025 sech op 15.524.681,64€ beleeft, am Verglach mat enger Budgetsprognos vun 9.468.765,77€.

4.2. Kreatioun vun engem neie Budgetsartikel fir d'Bëschaarbechten an den Ënnerhalt vun den natierleche Flächen duerch d'Solina Aarbechtshëllef asbl

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, am Budget ordinaire 2026 en neien Artikel 3/412/617200/99001 „Mise à disposition d'équipes par "Solina Aarbechtshëllef asbl" pour le service forestier" mat engem Kredit vun 150.000,00€ anzeschreiwen.

De betreffende Kredit ass disponibel, well de Boni vum Budget 2026 sech op 708.840,94€ beleeft an den effektiv realiséierten Iwwerschoss vum Rechnungsjoer 2025 sech op 15.524.681,64€ beleeft, am Verglach mat enger Budgetsprognos vun 9.468.765,77€.

4.3. Aschreiwung vun engem zousätzleche Kredit an de Budget extraordinaire fir d'Mise en place vun enger Aire de dispersion um Kierfecht vu Schëtter

De Gemengerot beschléisst eestëmmeg, an de Budget extraordinaire 2026 en zousätzleche Kredit vu 50.000,00€ ënnert dem Artikel 4/626/221313/25009 mat der Bezeechnung „Nouveau columbarium et extension du cimetière" anzeschreiwen.

De betreffende Kredit ass disponibel, well de Boni vum Budget 2026 sech op 558.840,94€ beleeft an den effektiv realiséierten Iwwerschoss vum Rechnungsjoer 2025 sech op 15.524.681,64€ beleeft, am Verglach mat enger Budgetsprognos vun 9.468.765,77€.

5. ËMWELT AN NOHALTEG ENTWÉCKLUNG

5.1. Presentatioun an Approbatioun vun enger Aktualiséierung vum Kommunikatiouns- an Informatiounskonzept am Kader vum Klimapakt

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, déi aktualiséiert Versioun vum Kommunikatiouns- an Informatiounskonzept am Kader vum Klimapakt ze approuvéieren.

Dës Aktualiséierung steet an der Kontinuitéit vun der Kommunikatiounsstrategie vun der Gemeng a berécksiichtegt d'Ziler vum Klimapakt 2.0 souwéi d'Aktiounen am Kader vum Naturpakt.

D'Konzept soll eng kloer, accessibel, méisproocheg a schnell Kommunikatioun garantéieren, fir allen Awunner e méiglechst breeden Zougang zu de Gemengeinformatiounen ze erméiglechen. Gläichzäiteg dréit et dozou bäi, d'Bevëlkerung fir d'Erausfuerderunge vun der nohalteger Entwécklung, dem Schutz vun der Biodiversitéit an dem Erhalt vun den natierleche Ressourcen ze sensibiliséieren an d'Biergerbedeelegung un de Gemengeprojeten ze förderen.

D'Strategie baséiert op verschiddene sech ergänzende Kommunikatiounskanäl, dorënner d'Gemengepublikatiounen, d'Internetsäit, sozial Medien, Newsletteren an aner Informatiounsträger. D'Konzept gëtt reegelméisseg evalueiert, fir de Besoine vun der Bevëlkerung an der Entwécklung vun de Kommunikatiounsmëttelen ugepasst ze bleiwen.

6. NOTAIRESAKTEN, COMPROMIS AN DROIT DE PRÉEMPTION

6.1. Decisioun iwwer d'Ausübe vun engem Droit de préemption fir een Terrain zu Schëtter, Sektioun A vu Schëtter, lieu-dit „Auf dem Kalk"

De Gemengerot decidéiert eestëmmeg, säi Virkafsrecht net auszeüben zum Präis, deen am Dossier de notification vum 25. Juni 2026 vun der Etüd vum Maître Laurent METZLER, Notaire mat Amtssëtz zu Déifferdeng, am Zesummenhang mam Verkaf vun engem Terrain, ageschriwwen am Kadaster vun der Gemeng Schëtter, opgefouert ass :

Sektioun	A vu Schëtter
Kadasternummer	246/3770
Lieu-dit	Auf dem Kalk
PAG-Klassëierung	Place

De Verkaf vum uewe genannten Terrain mat enger Gesamtfläch vun 2 Ar a 48 Zentiar gouf fir e Gesamtbetrag vun 272.800,00€ ofgeschloss an ugeholl.

7. BERODEND KOMMISSIOUNEN

7.1. Ernennung vun engem Member an d'Kommissioun fir Transport a Verkéier

No der Demissioun vun engem Member decidéiert de Gemengerot eestëmmeg, den Här Alex MEYRATH, mat Wunnsëtz zu Schëtter, als Member vun der Kommissioun fir Transport a Verkéier ze ernennen.

8. PROPOSÉIERTE PUNKT OP DEN ORDRE DU JOUR VUN DER POLITESCHER PARTEI „DÉI GRÉNG SCHËTTER" : MOTIOUN IWWER D'RESILIENZ VUN DER GEMENG GÉINTIWWER HËTZTWELLEN

8.1. Motioun iwwer d'Resilienz vun der Gemeng géintiwwer Hëtztwellen

De Gemengerot beréit iwwer eng Motioun, déi vun de Gemenge-

conseillèrë vun der politescher Partei „Déi Gréng Schëtter" virgeluecht gouf a sech mat der Resilienz vun der Gemeng géintiwwer Hëtztwelle beschäftegt.

De Schäfferot huet drun erënnert, datt d'Gemeng sech schonn elo an engem globale Prozess befënnt, fir hir Resilienz géintiwwer aussergewéinleche Situatiounen ze stäerken. An deem Kader gouf bannent der Gemengeverwaltung eng verantwortlech Persoun designéiert, déi d'Ausschaffe, d'Ëmsetze souwéi de Suivi vum zukünftege lokale Resilienzplang koordinéiere soll.

Verschidde Mesuren, déi an der Motioun proposéiert ginn, si schonn am Gaang ëmgesat ze ginn oder goufen an d'Aktiounen integréiert, déi d'Gemeng schonn ageleet huet. Aner Mesurë goufen am Kader vun interne Reuniounen an Aarbechtsgruppen ënnersicht a kënnen no an no ëmgesat ginn, jee no Prioritéiten, disponibele Ressourcen an de gewielten Orientatiounen.

Déi aktuell Aarbechte wäerten et notamment erlaben, d'Mesurë fir d'Preventioun, d'Virbereedung an d'Gestioun vu Risiken, dorënner och déi am Zesummenhang mat héijen Temperaturen, op eng kohärent Aart a Weis ze integréieren, an dëst am Aklang mat den nationale Richtlinnen.

Dofir beschléisst de Gemengerot mat 6 Stëmme géint 5, d'Motioun vun der politescher Partei „Déi Gréng Schëtter" iwwer d'Resilienz vun der Gemeng géintiwwer Hëtztwellen net unzehuelen.

9. SCHRËFTLECH FROE VUN DE CONSEILLEREN

Keng.

10. FROEN AUS DEM PUBLIC

Keng.

ATTENTION AU PHISHING PAR SMS, COURRIEL OU TÉLÉPHONE !

1



L'escroc se fait passer pour un tiers de confiance (entité étatique, banque...) et vous envoie un lien par SMS ou email. Il peut même téléphoner avec un **faux numéro luxembourgeois.**

2



Le message reçu est **alarmant** (p.ex. prélèvements bancaires illicites) **ou attrayant** (remboursement d'impôts, paiement de primes...) et vous incite à **cliquer sur un lien.**

3



Ce lien mène vers un **site web frauduleux,** avec pour finalité de **récupérer vos données personnelles.**

Conseils préventifs :

- **Ne partagez jamais des données personnelles avec des inconnus,** ou qui vous sont demandées par courriel, téléphone, SMS ou d'autres services de messagerie.
- **Ne cliquez jamais sur un lien** qui vous a été envoyé d'une **source inconnue.**
- Méfiez-vous de messages ou appels qui vous poussent à réagir vite. **Ne vous laissez jamais mettre sous pression** pour effectuer un paiement ou transmettre vos données, et prenez toujours le temps de remettre en question de telles sollicitations.
- **Contrôlez toujours si le message s'adresse à vous personnellement**, respectivement, s'il contient des **fautes** ou des **traductions erronées**.
- Sachez que des organisations et entreprises sérieuses ne vous demandent jamais d'envoyer des données personnelles via courriel ou SMS.

Si la provenance d'un message ou d'un appel n'est pas claire, et/ou en cas de doute, prenez d'abord contact avec l'entité concernée par le biais des moyens de communication habituels pour vérifier s'il s'agit d'une arnaque ou pas.

Si vous avez été victime d'une escroquerie, contactez l'un de nos commissariats de police pour porter plainte.

EIS GEMENG ËNNERSTËTZT DE FAIREN HANDEL



Le mouvement Fairtrade soutient plus de 2 millions de producteurs et travailleurs agricoles répartis dans 67 pays en Afrique, Asie-Pacifique, Amérique latine et aux Caraïbes

38 AU LUXEMBOURG, UN RÉSEAU MONDIAL

Notre commune fait partie des 38 communes au Luxembourg qui s'engagent pour le commerce équitable dans le cadre du programme Fairtrade Gemeng.

Par nos achats et nos actions de sensibilisation, nous soutenons un commerce plus juste pour les producteurs et travailleurs du Sud global. Nous faisons ainsi partie des 4 942 initiatives Fairtrade Towns à travers le monde qui œuvrent pour un avenir plus équitable.

Vous êtes 446 128 résidents luxembourgeois à vivre dans une commune Fairtrade. Ensemble, par une consommation responsable, équitable et durable, faisons de notre force collective un levier pour le respect des droits humains et de l'environnement.



Scannez le code pour voir la carte des communes Fairtrade du Luxembourg

Mir maache mat!

LOCAL CHANGE FOR A GLOBAL FUTURE

The International Fair Trade Towns Conference is coming to Belgium. From 9 to 11 October 2026, join actors from around the world to exchange ideas, get inspired, and strengthen fair trade together. On the programme: conferences, workshops, field visits, and inspiring encounters around the theme "Local Change for a Global Future".

Every year the conference brings together campaigners, activists, volunteers, policy makers, organisations, enterprises and communities from around the world to plan together to strengthen the global fair trade movement.



BOOK YOUR PLACE NOW
AND BE PART OF THE MOVEMENT!
WWW.IFTTC2026.BE



Covoiturage op der Trottinett?

25

Natierlech net!

POLICE LËTZEBUERG

All d'Reegele ronderëm
d'E-Trottinett fënns du hei

Zesummen Aarte schützen • Zesumme fuerschen • Zesumme léieren

MOUKE Bidden

ZESUMMEN OP DER SICH

3 GRËNN FIR MATZEMAACHEN

ZESUMMEN AARTE SCHÜTZEN

En Dëmpel schaaft Liewensraum ("Kannerstuff" fir Mouken a Co.) a vernetzt Habitater mateneen (Trëttsténg)

ZESUMME FUERSCHEN

Är Donnéeën hëllefen ze verstoen, wéi eng Aarte wou virkommen a wéi se wanderen

ZESUMME LÉIEREN

Dir an är Kanner entdeckt d'Liewen am an ëm d'Waasser

WÉI KANN EE MATMAACHEN?

- Dir kritt vum SIAS en Tool-Kit mat enger **Mouke-Bidden** + +
- Dir grueft déi kleng Bidden an ärem Gaart an / Dir hutt schonn e Weier am Gaart
- Dir mellt all 2 Wochen iwwer d'App iNaturalist wéi eng Déieren sech am Dëmpel ugesiedelt hunn
- Dir gitt Deel vun engem Austausch zu den Themen Amphibien, Libellen a Waasserdéieren mat enger Newsletter an Excursiounen zum Thema

Mellt lech bis den 1. Februar
fir är Mouke-Bidden ze kréien

amphibien@sias.lu
+352 34 94 10 95

INFOS
LU, EN, FR, DE

Dir sidd interesséiert u weiderer Infoen zum Projet an zu den Aarten déi een a Gewässer beobachte kann?

Kommt op eisen Info-Owend:

24. November 2026
19.00 Auer
A Wiewesch zu Manternach



← ONK
(BOMBINA VARIEGATA)

Mat Ënnerstëtzung vun

SIAS

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et de la Biodiversité

jcds.lu

AMPHIBIA - LIEWEN AM WAASSER AN U LAND

Amphibien si Wierbeldéieren, déi souwuel u Land wéi och am Waasser liewen. Mouke, Fräschen, Salamanderen a Molche maachen deelweis grouss Wanderunge fir gutt Liewensraim ze fannen a sech ze vermeeren. Dat mécht si besonnesch vulnerabel: **41 % vun den Amphibie weltwäit si gefäerdet.**

Zu Lëtzebuerg liewen **12 verschidden Amphibienaarten.**

Fir eis Ökosystemer sinn si wichteg, well si e Glidd an der Narungskette sinn; si friessen Insekten, Mustiken zum Beispill, a sinn Narung vir Vigel, Schlaangen an anerer. D'Kauzekäpp suergen ausserdeem fir proppert Waasser.



HECKEFRÄSCH (HYLA ARBOREA)



40 WEIEREN - AN ENG MOUKE BIDDEN AN ALL GAART

Mouke brauche Gewässer a Wanderkorridoren. Dofir huet de SIAS dëse Projet an d'Liewe geruff: Bannent 5 Joer wëlle mir iwwer **40 nei Weieren** uleeën. Mee och déi kleng Dëmpelen an de Gäert si wichteg: Si kënnen de Mouken als **„Trëttsteen"** dénge fir nei Liewensraim ze erreechen, oder eventuell esouguer als Läichplaz. Dofir stelle mir lech e Mini-Dëmpel fir Äre Gaart zur Verfügung. Dir hutt schonn e klenge Weier oder Dëmpel? **Da kënnt Dir och matmaachen!**

ENG BIDDEN NET NËMME FIR D'MOUK! HUTT DIR DES DÉIERE SCHONN ENG KÉIER GESINN?

BIERGMOLCH



HUFEISEN-AZURJUNGFER (LIBELL)



KAUZEKÄPP



RÜCKENSCHWIMMER



LU

EVENTBLOCK

Layout an technesch Informatiounen

Layout a Format

Äre Fichier dierf maximal zwou Säiten hunn a muss am A5-Format (Portrait oder Landscape) als PDF agereecht ginn. Fichieren, déi net dëse Krittären entspriechen oder méi wéi zwou Säiten hunn, ginn net akzeptéiert.



Beispiller, déi net akzeptéiert ginn:



Aner Gréissten | **Aner Formater** | **Méi wéi 2 Säiten** | **Net digital Fichieren**

Wat dierf op de Flyer?

- ✓ Generell Informatiounen iwwert d'Evenement
- ✓ Entrée- oder Participatiounspräis
- ✓ Informatiounen iwwert de Veräin
- ✓ Logo vum Veräin
- ✓ Publicitéit fir zukünfteg Eventer

- ! Keng Heeschebréiwer
- ! Keng Logoe vu Sponsoren



Delai a Kontakt

Schéckt eis Äre PDF via E-Mail op **relations.publiques@schuttrange.lu.**

An all Eventblock fannt Dir d'Deadline fir déi nächst zwou Editiounen. Mir bieden lech, dësen Delai ze respektéieren, soss kënne mir Äre Flyer leider net an der Pabeierversioun mathuelen.

Hutt Dir den Delai verpasst?
Wann Dir Äre Flyer trotzdeem am digitalen Eventblock veröffentleche wëllt, kënnt Dir en eis gär per E-Mail zoukomme loossen.

Bei weidere Froen zum Eventblock steet lech de Service Relations Publiques gären zur Verfügung.

T. 35 01 13 - 600 | E. relations.publiques@schuttrange.lu



Schëtter

KLIMABONUS-ROADSHOW

ERNEIERBARE STROUM AN HEIZUNG, ENERGEETESCH RENOVATIOUN AN ELEKTROMOBILITÉIT

Entdeckt déi **nei staatlech Klimabonus-Subside vum Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit** op enger vun de regionale Statioune vun der Roadshow a schwätzt direkt mat de Beroder vu Klima-Agence.



UM 18:30 AUER

14.10.2026	Lëtzebuerg
21.10.2026	Diddeleng
28.10.2026	Jonglënster
10.11.2026	Ettelbréck
18.11.2026	Munneref
24.11.2026	Wäiswampech
01.12.2026	Déifferdeng
09.12.2026	Miersch

Méi Informatiounen iwwer d'Statiounen op

klimabonus.lu

klima agence

Shaping our future together

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Finanzéiert duerch de Fonds climat et énergie

Fondation Hëllef fir d'Natur
Protect, restore and preserve

MACHT MAT:

E Bam an d'Gewan

Méi Natur, Schiet a Klimaresilienz an eiser Kulturlandschaft





> Zënter iwwer 10 Joer schaaft d'Fondatioun Hëllef fir d'Natur mat dësem Projet méi Struktur an der Landschaft - zesumme mat lokale Partner.

Firwat Beem an der Gewan wichteg sinn

- **Liewensraum a Vernetzung**

Solitärbeem a Bamreie stelle fir eng ganz Rei Déiere wichteg Liewensraim duer. Si déngen als Trëttsteng a Korridoren an hëllefen esou ville Liewewiesen, méi grouss Distanzen ze iwwerbrécken. An eiser moderner Agrarlandschaft feelt et dacks un dësen Trëttsteng a Korridoren. Doduerch kann den Austausch tëschent verschiddene Populatioune verhënnert ginn - am schlëmmste Fall bis hin zum Verschwannen eenzelner Aarten.

- **Virdeeler fir d'Landwirtschaft**

Beem maache Schiet, vun deem virun allem d'Déiere profitéieren. Si fille sech méi wuel a kënne méi produktiv sinn. Bei extreemer Hëtzt kann d'Mëllechleeschtung ëm bis zu 3 Liter pro Dag erofgoen, wann et de Béischten u Schiet an Ofkillung feelt. Och d'Fleeschproduktioun profitéiert vun engem reduzéierten Hëtzestress.

- **Buedemschutz a stabil Erträg**

Solitärbeem a virun allem Bamreie verhënnere Buedemerosioun a bidde Wandschutz. De Buedem dréchent manner séier aus - e Virdeel, deen an de méi dréchene Summere vun der Zukunft ëmmer méi wichteg gëtt. Bamreien droen dozou bäi, d'Erträg besonnesch an extreme Joren ze stabiliséieren.

E Projet fir är Parzell

De Projet ass gratis fir all Participant. D'Fondatioun begleet Är Iddi vum éischte Rendez-vous bis zur fäerdeger Planzung.

- Esou geet et
  - **Interessi mellen.** Kontaktéiert eis mat Ärer Iddi fir een oder méi Beem.
  - **Rendez-vous op der Plaz.** Mir kucken zesumme mat Iech, wat Är Virstellunge sinn a wéi d'Planzung lokal am beschte kann ëmgesat ginn.
  - **Mir këmmere eis ëm de Rescht.**

- Wat d'Fondatioun iwwerhëlt
  - **Berodung** an Ofstëmmung direkt op der Plaz
  - **Planung** an Organisatioun vun der Beemplanzung
  - **Planzung** vun de Beem an e passende Weideschutz

- Déi eenzeg Bedingung

D'Planzfläch muss ausserhalb vum Bauperimeter leien.

- Eng Beräicherung fir d'Landschaft

Nieft hirem ekologeschen a landwirtschaftleche Wäert präge Solitärbeem eis Kulturlandschaft. Si schafen Identitéit, markant Orientéierungspunkten an e wäertvollen Ierfschaft fir déi nächst Generatiounen.

Mellt Iech bis de 15. Oktober 2026 un.

Tel. +352 29 04 04 323 | +352 29 04 04 1
E-mail : **bam@hellefnatur.lu**



ADMINISTRATION COMMUNALE DE SCHUTTRANGE

2, Place de l'Église - L-5367 Schuttrange

commune@schuttrange.lu
www.schuttrange.lu

Heures d'ouverture du bureau de la population - état civil

Mé-Do • Lu-Je • Mo-Th ____ 08:00 - 11:30
_____ & 13:00 - 16:00

Fr • Ve • Fr _____ 08:00 - 14:00

Op Rendez-vous • Sur rendez-vous • By appointment

Dë • Ma • Tu _____ 16:00 - 18:30

Fr • Ve • Fr _____ 07:00 - 08:00

ACCUEIL — 35 01 13 - 1
Natascha Parage-Kimmel

COLLÈGE ÉCHEVINAL
Claude Marson, *bourgmestre*
Serge Eicher, *échevin*
Conny Ney, *échevine*

SECRÉTARIAT — 35 01 13 - 220
secretariat@schuttrange.lu
Alain Dohn, *secrétaire communal*
Annick Gut
Joëlle Huberty
Robert Mannes
Ranjit Neuman
Victor Neumann
Kelly Sepulveda

BUREAU DE LA POPULATION - ÉTAT CIVIL — 35 01 13 - 250
population@schuttrange.lu
Vincent Niclou, *chef de service*
Barbara Cash
Ronny Lux

RECETTE COMMUNALE — 35 01 13 - 230
recette@schuttrange.lu
Mireille Reding, *receveur communal*

SERVICE FINANCIER — 35 01 13 - 230
facturation@schuttrange.lu
Florian Altmann
Laurent Hartz
Sandy Lucius

RELATION PUBLIQUES — 35 01 13 - 600
relations.publiques@schuttrange.lu
Vicky Seibert-Jungbluth, *cheffe de service*
Philippe Lentz
Larry Da Luz

DÉVELOPPEMENT DURABLE — 35 01 13 - 260
Daniel Flies

SERVICE URBANISME — 35 01 13 - 260
urbanisme@schuttrange.lu
Tania Velez, *cheffe de service*
Cédric Néré

SERVICE TECHNIQUE — 35 01 13 - 240
servicetechnique@schuttrange.lu
Daniel Paciotti, *chef de service*
Rodrigo Claudio
Raoul Petry
Michel Schommer
Paul Schummer
Daniel Giallombardo, *agent municipal*

ATELIER TECHNIQUE — 35 01 13 - 262
Serge Hoffmann

SERVICE CONCIERGERIE — 35 01 13 - 340
Oliver Pleyer

ENSEIGNEMENT — 35 98 89 - 320
Joëlle Max, *présidente du Comité d'école*
Steve Back, *service scolaire*

MAISON RELAIS & CRÈCHE — 35 98 89 - 377 / 621 154 707

SCHËTTER JUGENDHAUS — 26 35 07 90

CENTRE FORESTIER — 247 56 694 / 247 56 688 / 621 202 102
Pit Lacour, *préposé-forestier*

RECYCLING CENTER — 34 72 80

OFFICE SOCIAL — 27 69 29 - 1

SERVICE DE MÉDIATION — 621 673 648
mediation@schuttrange.lu

POLICE — 113

POLICE SYRDALL — 244 78 1000

APPEL D'URGENCE — 112

KlimaPakt — Klima-Bündnis Lëtzebuerg — Mir sinn eng Fairtrade Gemeng — NaturPakt — Zësummë liewen — Commune Sans Tabac — PacteLogement — Printed in Luxembourg — myclimate — RECYCLÉ FSC — Siegelsbach www.siegelsbach.de — Guttland — Syr

Eau : Permanence en dehors des heures de bureau: 35 01 13 298